

avancéiere vun deem ech näischt verstinn.

Ech soen lech merci.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Ech constatéieren, datt mer elo dräi Ministeren hunn, déi net kompetent sinn, den Aarbechtsminister net, de Minister vun der Réforme administrative net, den Dénge net. Ech wëll just nëmme froen, wann d'Regierung eng Kéier ee géing erausfannen, wien da kompetent ass.

**M. le Président.**- An ech constatéieren, dass d'Discussion générale elo ofgeschloss ass.

Den Här Minister Biltgen freet d'Wuert nach.

**M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.**- Här President, also ech hunn zwar en décke Bockel, mä ech kann net all Topeschkeet am Raum stoe loos-sen.

Et gëtt emol éischstens en Ennerscheed tëschent kompetent an zoustänneg. Ech sinn effektiv net fir alles zoustänneg, an den Här Henckes ass net fir alles kompetent.

**(Hilarité)**

Déi Fro, déi den Här Henckes hei gestallt huet iwwert d'Delegatiounen, dat ass eng reell Fro. Wann den Här Henckes natierlech seng Texter liest, da stellt hie fest, dass dat net eppes mat Kompetenz ze dinn huet, mä dass et eppes ze dinn huet mat Texter.

Mir wësse ganz genee, wa mer d'Delegatiounsgesetz kucke wat elo ass, dass et do e Vide juridique gëtt, e Vide juridique fir Leit, déi am privatrechtleche Statut sinn, an déi bei de Gemenge schaffen. Dee Vide juridique kann d'Madame Brasseur net combléieren, einfach als Ministesch, dee kann ech net combléieren, dofir musse mer d'Texter änneren. Déi Texter déposéiere mer deemnächst als Avant-projet de loi, wou ech gesot hunn, dass ech dee fir d'éischt géing de Sozialpartner awer och der Chamber ginn, fir sämtlech Texter ëmzeänneren iwwert d'Delegatiounen, iwwert d'Comités mixtes an esou weider. An deem Text wäerte mir eng propper Äntwert dorobber ginn, fir dass mer an Zukunft keng Vides juridiques méi hunn.

Mä deem heite Projet war bestëmmt net deem, wou een elo ka punktuell eppes änneren. Dat muss generell tranchéiert ginn an et muss gesot ginn, an dat musse mer politesch décidéieren, déi eng Leit falen entweder ënnert d'Representatioun vum Statut, an déi aner falen ënnert d'Representatioun vum Privatrecht, an dat wäerte mer maachen, well do ass effektiv eng Lacune.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech constatéieren, dass ech kompetent genuch war, well de Minister seet elo, datt meng Fro berechtigt ass, an datt de Problem richteg ass.

Ech sinn elo frou, datt den Här Aarbechtsminister sech als zoustänneg erweisen huet. Ech constatéiere just nëmmen, datt hie bis elo inkompetent war fir en uerdentlecht Gesetz ze presentéieren an all deene Méint wou mer driwwer debattéieren.

**M. le Président.**- Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass d'Discussion générale ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen.

Den Här Jaerling freet nach d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech kann dat verstoe wat den Här Minister hei gesot huet, mä mir haten awer schonn hei Interventiounen, wou kloer higewise ginn ass op dee Problem do. Et gëtt scho säit Joren heirop higewisen, a mir waarde scho säit Joren drop, dass eng Reform vum Delegatiounsge-

setz kënnt, wou déi Problemer do geléist géife ginn. Mir hate gehofft, dass dat nach virun dësen Delegatiounswahle géif kommen. Et ass net geschitt, Här Glesener. Och an der Kommissioun hu mer op déi Problemer opmierksam gemaach.

Also et ass richteg, de Problem ass do, mä de Problem ass scho länger bekannt, an den Här Henckes huet en an dësem Zesammenhank nach eng Kéier opgeworf, well jo awer an deem Pool do iwwer 400 Leit dra sinn, déi keng Vertriebung hunn. Dat heescht, et ass en neit Instrument geschafte ginn, dat all Kéiers ermëdee Problem opwerft, an dofir huet den Här Henckes awer mat Recht drop higewisen, dass dee Problem do scho säit Jore bekannt ass, an dass näischt geschitt ass, an dass et héich Zäit gëtt. Mir hate gehofft, dass dat nach kënnt virun den nächste Wahlen kommen. Dat wär ideal gewiescht.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dat virleend Gesetz.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 50 Jo-Stëmmen a 7 Abstenttiounen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Norbert Hauptert), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Giberyen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4818 an 5025, zwee Accorden am Filmbereich mat Frankräich a mat Däitschland. Déi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. An dësem Kader presentéiert den Här Minister François Biltgen och de Bilan vun eiser Filmindustrie.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroe bis elo den Här Mosar, déi Dammen

Delvaux, Beissel, déi Häre Greisen a Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene béide Projeten, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

**3. 4818 - Projet de loi portant approbation de l'Accord cinématographique entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Française et des Annexes 1 à 5, signés à Cannes, le 18 mai 2001**

**5025 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne, signé à Berlin, le 14 juin 2002**

**Présentation d'un bilan sur l'industrie cinématographique luxembourgeoise par M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications**

**Rapport de la Commission des Media et des Communications**

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat de Projets de loi 4818 an 5025 geet et drëms zwee Accords cinématographiques legislativ ze verankeren. A sech eng Routine, an dach sinn esou Accorden e Filetsstück vun deem neie wirtschaftleche Créneau, déi säit Ufank vun den 90er Joren niewent RTL an der SES en drëtt Standbeen am Medieberäich sollt ginn. De Lëtzeburgergeschen cinématographesche Secteur ass aktiv, en ass kreativ an e weist eng héich Qualitéit.

De Fong an dësem Beräich, deem 1990 geschaaft gouf, gouf 1999 restrukturiert an déi fiskalesch Regimer fir Zertifikater goufen tëschent 1988 an 1998 fit gemaach fir Investor am audiovisuelle Beräich ze fördern. Haut soll jo och Bilanz gezu ginn, an dat mécht fir eis Partei de Kollege Laurent Mosar.

Ech wëll mech als Rapporteur op dës zwee Projets de loi an dës Accorde beschranken. Mat esou Accorde geet et am Besonneschen drëm am Detail d'Modalitéite vu Koproduktiounen tëschent Länner ze regelen. An dësem Fall sinn et da Frankräich an Däitschland. Et soll awer gewosst sinn, datt et esou bilateral Accorde scho säit 1994 gëtt, an zwar mat der Provënz Québec. An och säit 1996 hu mer en Accord mat Kanada. Wann een dann zousätzlech weess, datt den Accord mat Frankräich aus dem Joer 2001 ass an do ënnerschriewe gouf, gesäit ee ganz kloer e gewëssene privilegiéierte Partenariat mat franséischsprachende Länner.

Déi bilateral Diskussiounen sinn och nach amgaange mat Länner wéi Groussbritannien oder der Schwäiz, a weider Accorde sinn an der Maach mat Irland an Eisträich.

D'Tatsaach, datt Lëtzebuerg déi europäesch Konventioun iwwer cinématographesch Koproduktiounen schonn am Joer 1996 ënnerschriewen oder ratifizéiert huet, an zwar als eent vun deenen éischte Länner, dréckt kloer de Wëlle vum Lëtzeburger Stat aus, fir konsequent

am Beräich vun de Koproduktiounen virzegoen.

D'Modalitéite vun esou bilateralen Accorde sinn zum Beispill d'Dauer vum Accord oder och de prozentuale Participatiounsschlüssel. Dës variéiere vu Fall zu Fall. Fir Frankräich zum Beispill gëtt den Accord fir zwee Joer gemaach mat enger Reconduction tacite, an d'Participatioun läit tëschent 10 an 90%.

Fir Däitschland ass d'Dauer op onbestëmten Zäit an d'Participatioun läit tëschent 20 an 80%. Den Accord mat Kanada war op fënnf Joer gemaach ginn, mat enger Reconduction tacite, an do louch och d'Participatioun tëschent 20 an 80%, an den Accord mam Québec war op dräi Joer gemaach ginn, och mat enger Reconduction tacite, an d'Participatioun louch och tëschent 20 an 80%.

Am Kontext vun esou bilateralen Accorde gëtt jo och e Comité mixte agefouert. En iwwerwaacht d'Dispositiounen aus dem bilateralen Accord. Ech verweisen hei fir weider Detailler op de Projet de loi a besonnesch och op de Projet de loi 4818 mat Frankräich, wou an den Annexé villes nozeliesen ass.

D'Tatsaach, datt dës Koproduktiounen eng duebel Nationalitéit kréien, dat heescht, datt de Film an deem anere Land als Nationalprodukt ugesi gëtt, erlaabt eng besser an eng méi liicht Agliderung an de Réseau vun der Distributioun an deem anere Land.

Et soll een awer och wëssen, datt d'Finanzéierung éischstens iwwer Zertifikater geschitt, déi bis zu 30% steuerlech ofsetzbar sinn, an dës Hëllef soll a sech am Fong geholl dat ermëginn, wat zu Lëtzebuerg hei engagéiert gëtt oder ausgi gëtt fir eng Koproduktioun, an zweetens iwwer Aides sélectives an deem nationale Fong geschitt fir d'Ënnerstëtzung vun audiovisuelle Produktiounen, engem Fong, dee jo järelech iwwert de Budget gespeist gëtt. Dat ass en anert Element, an dëst ass am Fong geholl dee kulturellen Afloss oder déi kulturell Hëllef.

Ech hat virdru gesot, et wär e Filetsstück, an dat sinn déi Konventiounen, well si halen de Secteur a Bewegung, an et ginn och Grënn firwat ee soll esou bilateral Accorde maachen. Deen éischten ass deem, eisen nationale Maart u sech ass ze kleng, fir datt mer eleng kënnten hei cinématographesch Produktiounen finanzéieren, an dofir goufen och bis dato systematesch Koproduktiounen gemaach.

En anere Grond ass deem, dass d'Lëtzeburger Producteuren am Fong geholl sech besser um europäesche Maart positionéiert kréien, an dass doduerch hiren Aktiounsradius ausgeweit gëtt. Ech géif souguer soen, mir kréien doduerch en Transfert vu Kompetenzen an Experienze bei eise Koproduktiounen, wann auslännesch Techniker hei op Lëtzebuerg kommen.

En drëtten Avantage ass deem, dass dës Produktiounen e Plus fir eis Ekonomie bedeuten, well doduerch Leit heihinner kommen, a besonnesch am Horeca-Beräich gëtt dat Mehreinnahmen.

Véiertens, d'Avantagé vun nationale Mesurë kënne, ech hat et scho virdru gesot, an deenen zwee Länner wouergeholl ginn, an dat iwwer privat an öffentlech Finanzéierung, wat also och e Plus gëtt an der Finanzéierung vum Projet.

Fënnfstens, déi administrativ Barrierë sinn oft heefeg, also sinn heefeg a komplex, an dat géllt besonnesch am Kontext Frankräich, well déiselwecht zum Beispill Lëtzebuerg ëmmer considéiert hunn als eng Aart trojanescht Päerd, géif ech soen, zu amerikaneschen Koproduktiounen.

E sechst Argument ass, dass déi europäesch Konventioun iwwer cinématographesch Produktiounen am Fong geholl just e generelle Ka-

der gëtt an d'Erwaardungen, déi d'EU-Autoritéiten an esou multilateral Konventiounen gesat hunn, sinn net erfëllt ginn, an dofir mécht et och Sënn esou bilateral Konventiounen ze maachen, an dëst ass och de Wunsch vun de Producteuren hei zu Lëtzebuerg.

Wéi ass et elo mat de franséischen a mat den däitsche Kinosproduktiounen? De Portrait vum däitschen a franséische Kino am Réckbléck wëll ech hei net méi maachen, dee kann een noliessen am schrëftleche Rapport. Erlaabt mer awer kuerz nach ze kucke wéi eng Koproduktiounen mer gemaach hunn tëschent Lëtzebuerg an Däitschland an tëschent Lëtzebuerg a Frankräich.

Wat Lëtzebuerg a Frankräich ugeet, goufe bis dato 31 Filmer a Koproduktioun gemaach, an zwar scho 16 Stéck säit dem Joer 2000, am Ganze mat 8 verschiddene Sociétés, dovunner huet Samsa Films eleng 20 Filmer gemaach, an Deluxe productions 3 Filmer.

En éischte Film gouf gemaach am Joer 1992, dat war de Film «Abacadabra», an deem zweeten och an deemselwechte Joer, deem heescht «Je pense à vous», dat ass dee vun de Gebrüder Dardenne. An am Joer 2003 kann ee feststellen, dass de Moment dräi Filmer an der Maach sinn. Dee bekannteste Film, deem hei zu Lëtzebuerg da mat als Koproduktioun gemaach ginn ass, ass ouni Zweifel dee vun «Une liaison pornographique» mam Nathalie Baye aus dem Joer '99. Dëse Film war wierklech e grouse Succès, mä trotzdem ass et nëmmen duer gaange fir 50% vun den Investkäschten eranzubringen.

Wat elo d'Koproduktiounen tëschent Lëtzebuerg an Däitschland ugeet, goufe bis dato 14 Koproduktiounen gemaach. Hei huet besonnesch d'Carousel Picture Company sechs Filmer opgewisen, an Deluxe productions véier. Hei war den éischte Film am Joer 1996, dat ass de Film «The American Werewolf». Zwee Filmer ginn och elo 2003 gebucht, deem een heescht «Globi, der gestohlene Schatten».

**(Hilarité)**

Et ass en Animatiounsfilm vu Monipoli Productions. An deem zweeten, deem huet och e léiwigen Numm, deem heescht «Pipermint, das Leben möglicherweise». Dat ass e Film vun Tarantula Lëtzebuerg.

Also gesidd Der, och do ass amgaang sech munches ze dinn, an ech géif soen, wat grad Däitschland ugeet, hu mer ganz gutt Relatiounen mat Nordrhein-Westfalen. Et ass ee privilegiéierte Partner vu Lëtzebuerg, an dat besonnesch och mam Besuch vun eise Minister am Joer 1999, wou de Jean-Claude Juncker beim Landesvorsitzenden Clement, d'Ënnerschrëft war den 28. Oktober '99, de Kontrakt ënnerschriwwen huet.

Nach e puer Wieder iwwert de spezifesch legislative Wee vun dësen zwee Projeten. De Projet 4818 gouf am Joer 2001 ënnerschriwwen. Den Dépôt war den 28. Juni 2001, den Avis vum Statsrot de 16. Abrëll 2002. De Rapporteur gouf désignéiert den 11. September 2002 an de Rapport ugeholl den 12. Juni 2003. Hei hu mer am Fong geholl 23 Méint gebraucht an elo kann ee soen, d'Reconduction tacite vun dësem Projet steet schonn aus, déi wäert deemnächst fälleg sinn. Nieft de generellen Avantage vun engem bilateralen Accord, déi ech jo virdru opgezeechent hunn, mécht et och Sënn mat Frankräich dës ze maachen, an do gëtt et e puer Elementer.

1. Frankräich ass eisen éischten Noper, an iwwert d'Groussregioun ergi sech hei weider Méiglechkeeten zesummenzeschaffen.

2. Frankräich ass a sech e Symbol vum europäesche Film an et mécht also Sënn mat hinne wierklech eppes ze maachen.

3. Frankräich ass nach net der Konventioun iwwer cinématogra-



phesch Koproduktione bäigetrueden, wat mir hei zu Lëtzebuerg scho '96 gemaach haten. Esou erkennt Frankräich och keng Länner un, déi keng bilateral Accord mat hinnen hunn, an dofir bréngt dese bilateralen Accord ganz kloer méi Dynamik, nei Dynamik an dese Beräich tëschent Lëtzebuerg a Frankräich.

Zum Projet de loi 5025. Dese gouf jo am Joer 2002 ënnerschríwwen. Den Dépôt war den 12. September 2002. De Statsrotsavis koom den 10. Dezember 2002. De Rapporteur gouf genannt de 16. Januar 2003 an de Rapport ugeholl den 12. Juni 2003. Hei huet d'legislativ Prozedur also néng Méint gedauert. Och desen Accord wäert eis also munches bréngen, well bis dato hate mer nach net ganz vill Koproduktione mat Däitschland. A grad mat Däitschland, wou déi eenzel Länner eng grouss Autonomie hunn, bréngt esou en Accord sécherlech vill, an dat am Besonneschen, wéi ech et scho gesot hunn, mat Nordrhein-Westfalen, wou mer jo scho gutt Relatiounen hunn.

Här President, net nëmme well de Statsrot keng Observatiounen zu deenen zwee Projets de loi ze maachen hat, mä och well d'Kommissioun erkennt wéi wichteg des Accordé si fir eisen audiovisuelle Site auszebauen, recommandéiert d'Kommissioun der Chamber des Projeten ze stëmmen.

Ech bréngen heimat och den Accord vun der CSV an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen.

#### (Interruptions)

Entschëllegt, Här Minister. Dir hutt Recht. D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

■ **M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.***- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ganz symptomatesch, dass mer iwwert de Kino schwätzen, wou mer «la dernière séance» si fir des Woch. An ech si ganz frou, dass d'Chamber mengem Wonsch nokomm ass fir des Diskussioun mat deenen zwee Projeten hei, déi Konventiounen ratifizéieren, mateneen ze verbanne fir e kleng Bilan ze zéien iwwert déi bal 15 Joer elo Filmproduktiounshëllef zu Lëtzebuerg.

Dir hutt den Exposé ausgedeelt kritt. Ech hoffen och, dass d'Press e kritt huet.

#### (Interruption)

D'Press huet en net kritt. Da géif ech de Greffe bidden och der Press eng Kopie dovunner ze ginn, well dat mech nämlech dispenséiert fir elo wierklech hei e Bilan mat allen Zifferen an esou weider ze bréngen, mä just eng Partie politesch Saachen dozou ze soen.

Ech hunn an der Bäilag Kulturissimo vun deser Woch en Interview gesi mam Marie-Claude Beaud, wou dat seet: «Le choix qui a été fait d'investir dans la culture a été le bon. La récompense reçue ne peut que ratifier ce choix.» - Et geet em Venedeg - «Je dirais aussi qu'un petit pays peut plus facilement réaliser une telle politique qu'un grand. Voyez ce qui s'est passé en économie. Quand il y a eu la crise dans la sidérurgie, le Luxembourg a réalisé ce que ses voisins n'ont pas réussi. Il a fait basculer l'économie vers d'autres secteurs, les banques, les médias, et c'est précisément grâce à une telle occasion qu'il est possible de faire une politique culturelle innovante.»

Dir Dammen an Dir Hären, dat doten zielt elo net fir de Kino eleng, dat zielt fir d'Kultur insgesamt an och fir de Kino. Dat ass wierklech e gudde Statement iwwert dat wat Lëtzebuurger Regierungen zënter

'88 versicht hunn ze maachen: Nämlech zu Lëtzebuerg eng kulturell Dimensioun ze ginn, déi gläichzäiteg och eng Roll gespillt huet vu wirtschaftlecher Diversifizéierung.

Wuerfir hu mer elo haut och kinoméisseg eng kleng kulturpolitesch Bedeitung erreecht? Engersäits éischens, an dat wéll ech och hei soen, dank de Pionéier, déi mer zu Lëtzebuerg haten. Et gouf schonn an den 80er Joren eng ganz Partie vu Pionéier: Producteuren, Techniker, Acteuren, déi eppes gemaach hunn. Ganz vill hu sech missen expatriéieren an d'Ausland fir iwwerhaupt kënnen am Kinosberäich tätég ze sinn. Mä déi hu Mériten an dofir war et jo och esou, dass d'lescht Joer d'Madame Hennicot an ech selwer am Numm vun Groussherzog eng Partie vun deene Pionéier ausgezeechent hu fir Nationalfeierdag. Och dat wäert dëst Joer erëm eng kéier geschéien.

Zweetens mengen ech, dass mer awer och der Regierungspolitik vun deene leschte Joren a vun deene sukzessive Regierungen et ze verdanken hunn, dass eppes geschitt ass. Eigentlech ass 1988 d'Startschossjoer, wou mer ugefaangen hunn zwou Zorte vun Hëllef op de Wee ze ginn. Dat eent, direkt Bähëllef fir Filmer, dat sinn dann haaptsächlech Filmer, déi éischter e kulturpoliteschen oder méi u Lëtzebuerg gebonnenen Akzent hunn. Zweetens awer och, an dat huet e grouss Succès uitgemaach, d'Certificats d'investissement audiovisuel, wou mer '98 d'Gesetz reforméiert hunn. Dat sinn also Steuerrecetten op déi de Stat verzicht, fir dass zu Lëtzebuerg eppes geschéie kann.

Natierlech ginn et och nach haut Kriticken an och dat huet mech bewogen, fir eng Diskussioun hei ze féieren, fir déi Kriticken ze kucken. D'Kriticke soen: Dir geheet d'Suen zu der Fënster eraus. Dir schaaft e Secteur subventionné, an et geschitt net all zevill fir d'Lëtzebuurger, et si méi Auslänner, déi dovu profitéieren. Dofir wéilt ech fir d'éischt nach eng kéier zrëckgoen op d'Objektiver vun esou enger Filmännerstëtzungspolitik.

Éischten Objectif ass, fir Lëtzebuerg en aneren Image de marque ze ginn, wéi just dee vun enger Spuerbécks.

Dat Zweet ass d'Diversification économique, fir hei en neie Secteur ze schafen. 1988 war d'Iddi ganz konkret, an déi Iddi ass nach haut richtig, fir niewent der CLT, wéi se deemools geheescht huet, haut RTL, an der SES en drëtten Pfeiler ze schafen, wou Contenué géife produzéiert ginn, wat fir déi Eenzel och kéint interessant sinn. Dat war d'ursprüngelech Iddi. Dat ass eng Iddi vun Diversification économique, an och déi bleift haut nach gültig.

Drëttens war natierlech d'Iddi, fir eppes fir déi Lëtzebuurger Kulturschaffend ze maachen, fir och deenen eng Méiglechkeet ze ginn zu Lëtzebuerg sech ze entfalen, net onbedéngt an d'Ausland mussen ze goen, an natierlech och méi eng grouss Masse critique ze kréien, fir net nëmme Pionéier ze hunn, mä enger Partie Lëtzebuurger eng Perspektiv ze bidden, an doduerch méi jonk Lëtzebuurger, déi Talent hunn, ze hëllef, fir an d'Filmproduktioun eriwuer ze wiesselen, amplaz an aner Beruffer ze goen an dann als Amateur ze schaffen.

Op d'Fro, hu mer haut eng gewësse Visibilitéit, géif ech mat Jo äntwerten. Ech hat d'Geleeënheet zu Cannes ze sinn um Filmfestival, wou mer e bescheidene Stand hatten, awer trotzdeem Pignon sur rue, wou mir vill Leit gesinn hunn. Eleng dat ass wichteg, dass d'Leit gesinn, dass zu Lëtzebuerg eppes geschitt, och wann net jidderee weess, dass „Les liaisons pornographiques“ e Film ass, deen haaptsächlech e Lëtzebuurger Koproduzent hat. Et war e belsche Réalisateur, an dofir mengen d'Belsch, et wär e belsche Film. Et

war eng franséisch Haaptdarstellerin, an dofir soen d'Fransousen, et wär ee franséische Film. Iwwregens huet och d'Schwäiz mat an d'Produktioun investéiert. Mir hunn also eng gewësse Visibilitéit.

Wéi wäit si mer mam Secteur économique? Wa mer kucken, wat mer hunn, hu mer eng ronn 40 Produktionsgesellschaften, emol méi grousser, emol méi klenger, déi eng ronn 100 permanent Ugestallter hunn, 50 Sociétés de services spécialisés, 3 Sociétés de distribution a 4 Animationsgesellschaften, déi insgesamt eng 80 Leit beschäftegen.

Wa mer da kucken, wat mer elo wierklech vun einheimischen, ech schwätzen net nëmme vu Lëtzebuurger, Filmschaffende mëttlerweil hunn, dann ass dat och beachtlech. Et sinn eng 37 Réalisateuren, dovunner 29 Lëtzebuurger, eng 40 Acteuren, déi een ëmmer erëm rëmfënnt. Mir hunn eng 450 Techniker, dovunner der 380, déi zu Lëtzebuerg wunnen an 250, déi Lëtzebuurger sinn, déi zu Lëtzebuerg schaffen.

Eleng déi Zuel ass en Zeechen, dass et gutt war, fir an deen dote Secteur ze investéieren, well mer och hei enger Partie Einheimischen d'Méiglechkeet ginn an deem Secteur ze schaffen. Déi schaffen natierlech net nëmme zu Lëtzebuerg. Déi schaffen och an der Groussregioun. Doduerch dass zu Lëtzebuerg Filmer produzéiert ginn, hunn déi Techniker eng Méiglechkeet eranzekommen, léiere Leit kennen, an déi embauchéieren se fir aner Produktiounen. Dat ass schonn e gewëssene Succès, an op dee Succès solle mer stolz sinn.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, wéi stellen ech mer d'Zukunft vir? D'Zukunft ass selbstverständlech déi, dass mer dee Secteur mussen behalen. Et muss een einfach wëssen, dass alles wat Konscht a Kultur ass, dass dat ëmmer llicht fragiliséiert ass, an dass ganz llicht eppes ka fortkommen. Ech wéll och dofir ganz daitlech soen, dass ech net der Meinung sinn, mir missten elo nach esou vill méi Steierzuelersuen direkt oder indirekt an déi Produktiounen pompele, fir hei eppes Artificielles opzebauen.

Ech weess och, dass et méi spektakulär fir d'Press an och fir d'Leit dobaussen ass, wann iergendwou eng Strooss gespaart ass an iergendee Stand do ass, oder virun allem wann e ganz bekannten Hollywood-Schauspiller optrëtt. Dat gehéiert dozou, mä dat ass awer fir mech net den Zweck vun der Übung. Dat bréngt u sech keen direkte Mehrwäert. Et bréngt natierlech Steiersuen, wéi den Här Halsdorf et gesot huet, deem ech nach eng kéier merci soe fir säin excellenten Rapport.

Déi Leit schlofen hei, iessen hei, an esou weider. Dat ass gutt. Mä fir de Secteur selwer, dat wat d'Regierungsphilosophie ass, bréngen esou Saache rose weineg. Dat wat eis eppes bréngt, dat ass, wa mer einheimesch Leit hunn, Producteuren, Réalisateuren, Acteuren, Techniker, déi hiert Liewen hei kënnen maachen. Dat ass dat, wat eis eppes bréngt. Dofir war och déi ursprüngelech Iddi 1988 eigentlech net déi, fir Fräilichtproduktiounen ze maachen, mä fir Studioe virun allem Postproduktioun ze maachen. Iwwregens, dat wat an Animationsfilmer geschitt, dat ass och ganz vill.

Dat ass, d'Iddi fir d'Zukunft, dat wat mer hunn, solle mer halen. Mir sollen elo net en artificiell Secteur hei oprichten, well mir mussen kucken, dass dee Secteur dat verkraaft. Mir solle kucken, dass mer mat där Vitesse de croisière, déi mer elo hunn, a mat där gewëssener Masse critique, déi mir elo hunn, deene

Leit eng Garantie gi fir kënnen weider an deem Secteur ze schaffen, an dass mer eis nach weider en Numm maachen.

Natierlech kann ee vill iwwer Filmer schwätzen. Vill Filmer ginn awer e Flop. Vill vun lech ware mat Begeeschterung zu Venedeg zu Esch. Just, dee Film hutt Der nach net gesinn, well dee Film nach kee Keefer fonnt huet. Mä et waren awer och positiv Saachen derbäi. Normalerweis ass et an der Welt esou, dass mussen zéng Filmer op d'mannst gedréint ginn, an an Amerika ass dat net aneschtens, fir dass een iwwerhaupt an d'Kinoe kënnt. Dat ass de Risiko, dee bei där ganzer Saach ass. Vill Filmer, déi gedréint ginn, fannen herno kee richtige Publikum. Dat mussen mer wëssen an domadder mussen mer liewen. Dat ass le risque du métier. Dofir ass d'Filmindustrie och net ze vergläiche mat iergendenger anerer normaler Industrie. Et ass schonn eppes aneschtens, well eben dat Kulturellt derbäikënnt, dat Künstlerrecht, a mir kënnen - an ech kommen nach eng kéier op déi Fro zrëck - dee Secteur net einfach liberaliséieren an Europa wéi iergendeen anere Secteur.

Wéi gesot, mir mussen dat hale wat mir hunn, an dat mat eise Mëttele verschaffen. Dat bréngt och mat sech, dass mer mussen Prioritéite setzen. Dir wësst, dass de Filmfong e Conseil d'administration huet an ennen drënner e Comité de lecture. Mir hunn ëmmer dofir gesuergt, dass am Comité de lecture onofhängeg Leit sëtzen, déi och net Beamten dierfe sinn, dass iwwerhaupt keng Instruktiounen do kommen. Déi Leit am Comité de lecture kënnen och Feeler maachen, mä mir halen drop en onofhängege Gremium ze hunn, deen d'Pabeiere kuckt, d'Szenarioë kuckt, d'Dialoger kuckt, an deen dann eng onofhängeg Meinung ofgëtt, wou hie mengt, dat dote kéint e gudde Film ginn oder net. Dat solle mer och an Zukunft bäibehalen, mä mir mussen Prioritéite setzen, an do kënnt d'Politik eran, d'Madame Hennicot, well hei sinn zwee Ministeren zoustänneg, de Premier Minister, deen ech vertrieben, an d'Kulturministesch.

Déi zwee Ministere mussen Prioritéitslëschte fixéieren, an et ass evident, dass wa méi Projete komme wéi mer Suen hunn, dass d'Prioritéit muss si fir eppes, wat éischter Retombéien huet fir Lëtzebuerg, virun allem fir d'Lëtzebuurger Kulturschaffend. Dat schéngt mer evident ze sinn. Esou funktionéiert dat.

Beim Punkt fir d'Zukunft ass ze kucken, wéi mir déi Lëtzebuurger Kulturschaffend nach méi kënnen fördern. An deem Sënn hu mer décidéiert fir elo am Hierscht, am Oktober, fir d'alleréischte kéier e Lëtzebuurger Filmpräis auszeespillen. Dat gëtt ganz bescheiden. Dat soll och bescheide sinn. Dat soll an eise Moosse sinn. Mir sinn net Hollywood a mir wëllen net Hollywood ginn, mä et ass eng Méiglechkeet fir Lëtzebuurger Filmschaffend, oder besser gesot Filmschaffend vu Lëtzebuerg zu Eiere kommen ze loosse, an deenen doduerch eng gewëssen Hëllef ze ginn - e Filmpräis, dat ass ëmmer gutt, wann et op enger Carte de visite steet -, fir an d'Distributionscircuiten eranzekommen, och fir Suen ze kréien, wa se mussen Fongesiche goen. Dat ass also en neit Element, wat mer wëlle maachen.

Ech sinn dofir frou, dass d'Kulturministesch och Bauteministesch ass, a mer dat Evénement an der Rotonde zu Bouneweg kënnen ofhalen, an ech wär nach méi frou, wa ganz vill Leit aus der Chamber géifen dohinner kommen.

Den drëtten wichtege Punkt, wou ech mengen, dass fir d'Zukunft mer eis mussen driwwer Gedanke maachen, wéi mir dat verstärken, dat ass d'Formatioun. Et gëtt eng Partie Ausbildungen zu Lëtzebuerg. Ech mengen awer net, dass dat, wat mir elo zur Zäit maachen,

duer geet, an do misste mer eis Gedanke maachen, ob een dat net och kéint an der Groussregioun maachen. Elo nëmme zu Lëtzebuerg Ausbildung ze maachen, weess ech net, ob dat duer geet, mä mir mussen, wa mer nach gäre méi Leit d'Méiglechkeet ginn an all deene Beräicher ze schaffen, wou nach Aarbechtsplaze geschafeginn, e bësse méi op d'Formatioun Wäert leeën.

De véierte Punkt ass eigentlech deen, mat deem mir haut de Mëtteg ugefaangen hunn, Här Halsdorf, dat sinn d'Koproduktiounen. Mir hu ganz gutt Erfahrungs gemaach mat Koproduktiounen. Et ass ganz schwieereg zu Lëtzebuerg, fir en eegestännege Film ze maachen. De „Club des chômeurs“, dat war en typesch lëtzebuergesche Film, hat och ganz vill Succès, ass awer éischter rar. Mir sinn ze kleng, fir dass mer elo nëmme géifen, ech nennen dat emol pauschal Kachéis-Bouneschlupp-Filmer maachen.

Dat eleng geet net duer. Mir mussen also och Filmer maachen, déi doriwwer eraus kënnen distribuéiert ginn an do hëllef an d'Koproduktiounen ganz vill, well ee jo da Partner huet, wou een dann an eng gewësse Produktioun kënnt. Iwwregens ass et ganz schwieereg ze definéiere wat e Lëtzebuurger Film ass. Ech mengen et ginn Themen, déi Lëtzebuurger Theme sinn, dofir muss et net onbedéngt e lëtzebuergesche Film sinn.

Et gëtt ee Film vun deem an der leschter Zäit relativ vill geschwat gouf. Dat ass de Film Black Dju. Dat ass e Film mam Philippe Léotard, an et ass dovunner geschwat ginn, well de François Léotard e Buch geschriwwen huet iwwert säi Brudder, dee Schauspiller war, dee gestuerwen ass, de Philippe Léotard a gesot huet: „Mäi Lieblingsfilm, dat ass de Black Dju.“

Dat ass e Film, deen ass vun engem Lëtzebuurger Réalisateur, dem Paul Cruchten, vun engem Lëtzebuurger Producteur, SAMSA-Film, produzéiert ginn an dat ass e Film, deen op franséisch ass. Et ass awer e Film, deen eng Thematik uschwätzt, déi eng Lëtzebuurger Thematik ass, nämlech Kapverdianer, déi hei op Lëtzebuerg kommen an hei verluer sinn. Also ech mengen, dofir e Lëtzebuurger Film just nëmme mat Lëtzebuurger Sprooch gläichstellen, do wär ech e bësse skeptesch. Wichteg ass, dass een do muss eng gewësse Flexibilitéit bréngen.

Wichteg sinn also nach eng kéier d'Koproduktiounen an do hu mer mam Québec ugefaange gehat a Kanada a mir sinn och nach a Gespréicher mat Irland a mat Éisträich. Fir eis war extrem wichteg, an dat huet den Här Halsdorf scho gesot, Frankräich.

Wuerfir? Well eben d'Fransouse ganz chauvinistesch waren an eng ganz Partie franséisch Produzenten, déi wollte mat Lëtzebuurger Kolleegen zesummeschaffen, et net faerdig bruecht hunn, fir zougelooss ze ginn. Well a Frankräich d'Schauspillergewerkschafte gafaart hunn do géifen Dumping-Präisser zu Lëtzebuerg kommen, wat ech mer wierklech net ka virstellen, well eng ganz Partie vun aneren Interesse bäikomm sinn an do ass, ech géif bal soen, zéng Joer laang ganz vill diskutéiert ginn, virun allem eis Produzenten hu ganz vill gemaach fir lues a lues Frankräich ze iwwerzeegen mat eis ofzeschléissen an och politesch hu mer de Service des Médias et des Communications, an ech selwer als Minister, relativ vill Drock gemaach, fir zu deem Accord ze kommen, dee mer virun zwee Joer zu Cannes ënnerschríwwen hunn.

Dat gëtt de Lëtzebuurger Produzente méi Méiglechkeet fir eben esou Geschäfte ze maachen. Well wann Der e bëssen d'Ziffer kuckt, mir hunn eng Partie Lëtzebuurger Produzenten, déi mëttlerweil Ofleeër gemaach hunn an anere Länner. An ech mengen, dass dat



richteg ass. Ofgesinn dovunner, dass mer zu Lëtzebuerg net vill anere Choix hunn, mengen ech, dass et och richteg ass an europäescher Hinsicht. Wa mer wierklech wellen eppes fir den europäesche Film maachen ass d'Koproduktioun just dat Besch, well doduerch dass et eng Koproduktioun ass kënnst ee scho vill méi liicht a Circuiten, an déi eenzel Länner eran, an de Film reest einfach vill méi an e kritt méi eng Masse critique. Dat ass de ganzen Ennerscheid tëschent dem amerikanesche Film mam europäeschen. Bei dem amerikanesche Film ass vill méi eng grouss Masse critique wéi bei dem Lëtzebuerger.

Dat bréngt mech zu dem fënneften a leschte Punkt. Dat ass d'europäesch Politik. Mir hunn d'Kommissärin, d'Viviane Reding, ëmmer ënnerstëtzt an hiren Initiativen, wéi zum Beispill de Programm Media Plus, fir eben ze kucken, dass an Europa mer kënnen Hëllef ginn un déi eenzel Leit. A mir hunn och beim Viviane Reding eng Virsprecherin fonnt, wann ech dat emol kann esou soen, fir innerhalb vun der europäescher Kommissioun drop opmierksam ze maachen, dass een d'Filmproduktioun net kann esou liberaliséiere wéi een anerer kann, wann ee wëllt liberaliséieren.

De Problem ass nämlech, mir si jo net dat eenzegst Land wat Hëllef gëtt direkt an indirekt, dat maachen och nach anerer. An d'Kommissioun hat déi doten Hëllef um Kicker, well se gesot huet, dat sinn Aides de l'Etat an hei si mer an enger Industrie, an hei dierft Der keng Aides de l'Etat ginn. An do ass et drëm gaang fir d'Spécificité culturelle festzeleeën. Do huet d'Kommissioun sech zu engem Kompromësspabeier duerchgerongen, mat deem mer kënnen liewen, wou ech och géif mengen, dass eis Hëllef den fir de Moment net a Gefor si mat deem Kompromësspabeier. Et muss een awer kucken, dass dat och, an ech erënneren un d'Debatt, déi Der den Dënschdeg hat nom Konvent, esou weidergeet.

Mir hunn zurzäit en Artikel an dem Traité, et ass den Artikel 151 (4), dat ass just deen, op deen ee sech ka beruffen, fir ze soen, majo d'Länner müssen hei nach eng Kompetenz hunn, fir national Filmhëllef kënnen ze ginn. Wann den 151 (4) net géif an déi nei Konstitutioun iwwerholl ginn, wär dat ganz schlecht fir déi ganz europäesch Filmproduktioun. Fir de Moment, mengen ech, ass net virgesinn, dass se soll gestrach ginn, mä ech wëll dat awer hei mat op de Wee ginn, och fir d'Vertrieder vun der Chamber.

En anere Punkt, deen natierlech e bësse wéi deet, dat ass deen, deen elo awer am Text ass, nämlech dass fir alles wat Aussenhandel ass, d'Majorité qualifizéiert spillt, an dass d'Kommissioun do verhandelt. Dat ass eng ënnerschwellig Gefor fir GATS-Verhandlungen an aner Verhandlungen, déi géife kommen. Ech wëll dat och hei soen. Mir sollen dat also wierklech suivéieren.

#### (Interruption)

Ech ginn och dovunner aus, Här Fayot, dass mer eng Partie kulturinteresséiert Leit hunn, déi do baggere fir deem Anhalt ze gebidden.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat war elo ouni Zifferen, well ech hoffen, dass d'Press mëttlerweil och d'Ziffere krut. Nach ëmmer net. Da maache mer dat. Ouni Zifferen, e bëssen e politesche Bilan, wéi ech e gesinn. Ech mengen, dass dat wat vun '88 un an d'Wee geleet gouf, dat Richteg war, an ech hunn lech och d'Weiche gewise wéi mer an Zukunft wëllen do weidergoen an ech hoffen, dass dat kënnst e Sukkurs fannen, woubäi ech awer och hoffen, dass nach vläicht déi eng oder déi aner gutt Iddi hei opkënnst, déi mer da selbstverständlech mat opgräifen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Premier Jean-Claude Juncker huet a senge leschten Deklaratiounen zur Lag vun der Natioun dem Thema vun der ekonomescher Diversifikatiounspolitik e grousst Gewicht zoukomme gelooss. Hien huet ënner anerem vun „enger responsabler a raisonnable Nischepolitik“ geschwat, déi sech virun allem an de Kader vun Standuert Lëtzebuerg selwer, mä awer och an de Kader vun eenheetlechen europäesche Maart integréiert.

Eng „intelligent an europadénglech Besetzung vu Qualitéitsnischen, deenen hiren Ameublement e bestännegen an nohaltege Wuessstum séchert, d'Schafung vu Valeur ajoutée, ouni Landverbrauch an ouni Aarbechtsmaartexplosioun“. Dat war ënner anerem en Deel vun de wirtschaftleche Prioritéiten, déi de Premier opgezechent huet.

Et geet an de kommende Joren drëm fir d'Standuertvirdeeler vun eise Land, mat deene mer ville Länner e gudden Strapp viraus sinn, deene schmackhaft ze maachen, déi zu Lëtzebuerg hir Aktivitéiten entwéckele wellen, an déi Secteuren, déi mer zu Lëtzebuerg hunn an déi gutt Resultater opweise kënnen, niewent deene bekannten Nischen, wéi beispillsweis d'Finanzdéngschtleeschungen, ze consolideieren oder och souguer auszebauen.

D'Beméiunge fir der Lëtzebuerger Economie zu neie Standbeener ze verhëllef sinn awer net nei. No der Stolkris ass den Déngschtleeschungssektor virun allem um Niveau vun de Banken an den Assurancë konsequent ausgebaut ginn, wat mat sech bruecht huet, dass den Déngschtleeschungssektor drai Véirel vum PIB an ëmmerhin 83% vun eiser Aarbechtskraaft ausmécht.

An den 80er an an den 90er Joren huet d'Regierung awer ugefaange fir eiser Economie weider Diversifikatiounsméiglechkeeten ze ginn, an et war grad an deser Zäit wou eist Land ugefaangen huet sech an de Secteuren vun de Medien esou wéi an der audiovisueller Produktioun ze investéieren.

Haut kënnen mer soen, an den zoustännegen Kommunikationsminister huet et och scho virdru gesot, dass mer eng fest Gréisst sinn op der weltwäiter Mediellandkaart, mat de Medierisen SES an RTL Group, a mat enger ganzer Panoplie vu Sociéitéiten an Entreprises, déi hir Aktivitéiten an der Medienbranche a ronderëm des zwou Gruppen entwéckelt hunn, déi haut an deem Mooss mat Lëtzebuerg verbonne sinn, wéi et an der Zäit d'ARBED war.

Wa mer vum Mediastanduert Lëtzebuerg schwätzen, da komme mer net derlaanscht fir och déi audiovisuell Produktioun am Kader vun deser Debatt méi genau ze belichten. Ech wëllt dofir och meng Zäit notze fir e klengen Tour d'horizon an deem zukunftsfaegen Dossier ze maachen an zu gläicher Zäit des kleng Success story fir de Standuert Lëtzebuerg als Ulass huelen, fir e puer méi fundamental Froen an Iddien opzegräifen, fir datt och an Zukunft dese Sektor sech weiterentwéckelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Laf vun den 80er Jore konnt e legislativen a reglementaresche Kader geschafe ginn, deen den audiovisuelle Sektor niewent RTL an SES als drëttgréissten am Mediesektor etablierte soll.

De Filmfong huet an der Erfolgsgeschicht vun der Lëtzebuerger Filmindustrie e groussen Undeel, also déi Ariichtung, déi ënnert der Regie vum Kulturministère an dem Kom-

munikatiounsministère all déi Programmer mat de finanziellen Instrumenter geréiert fir Produktiounen a Koproduktiounen zu Lëtzebuerg ze promouvieren. Et ass kloer, dass de Filmsektor bei eis zu Lëtzebuerg ouni déi finanziell Hëllef vum Stat net iwwerliewensfäeg wier. Et ass grad esou kloer, dass de Sektor momentan nach net dat erabrëngt, wat u finanzielle Mëttele an de Sektor gepompelt gëtt.

Ech mengen, dass een hei ganz kloer muss betounen, dass d'Filmproduktioun zum kulturelle Liewe vum Land gehéiert an domadder d'Hëllef an d'Filmproduktioun net kënnen d'Ambitiounen hunn, fir integral déi finanziell Recetten ze gënerieren, déi iwwert de Wee vun der Filmhëllef an dese Sektor investéiert ginn.

Dës wëllt awer net heeschen, dass d'lëtzebuergesch Filmproduktioun exklusiv iwwert de Wee vu Subventionen ka finanziéiert ginn, an ech verwiere mech och dofir géint Demanden, déi elo fuerderen iwwert d'Filmhëllef, awer och iwwert d'Accords bilatéraux, hir Filmer quasi 100%eg vu staatleche Gelder finanzéiert ze kréien. Och hei muss en Deel Eegerisiko beim Produzent oder de Produzente bleiwen, well soss komme mer jo an déi Situation, dass mer hei eng staatlech finanzéiert Filmproduktioun kréien, an déi kéint an deem Fall jo dann net méi privat gedroe ginn, mä misst da sécher iwwert den CNA lafen. Ech plädieren also ganz kloer dofir, dass mir op deem ageschloene Wee vun de finanziellen Hëllef bleiwen an eis hei och net vum Ruff no enger quasi integraler Subvention vu lëtzebuergesche Filmer impressiounéiere loossen.

Här President, et ass awer zweifelsouni fir eist Land vu grousser Wichtigkeet, fir d'Image de marque opzewäerten, an de Minister huet et och scho virdru hei betount, d'Filmproduktioun ass a waert och an Zukunft an deem Kontext e wichtegt Instrument duerstellen, fir eis no baussen ze verkafen, well de Sektor haut schon en integrale Bestandteil vum Lëtzebuerger Kulturlewe representéiert. Ech begrëssen dofir och ausdrécklech d'Iddi vun der Organisatioun vun engem lëtzebuergesche Filmfestival, deen den nächsten Oktober hei fir d'éischt soll iwwert d'Bühn goen. Dese Filmfestival schéngt mer en ideale Vehikel ze sinn, fir lëtzebuergesch Filmproduktiounen, souwuel an eise Land wéi awer och iwwert d'Grenzen eraus, besser ze vermaarten.

De Bilan, dee mer haut aus den Erfahrungen aus de leschten 10 bis 15 Joer virléien hunn, léisst sech wierklech weisen, an dat virun allem bei de sou genannte Certificats d'investissement audiovisuel, déi 1988 an d'Liewe geruff gi sinn, esou wéi bei de verschiddenen Hëllef fir Produktioun, Koproduktioun, beim Ausschaffe vun Dréibücher oder fir d'Distributioun, déi vum Filmfong geréiert ginn. Ech brauch déi Zuelen net am Detail ze analyséieren, an deene Pabeieren, déi eis fir de Mëtteg virgeluecht gi sinn, ka jiddereen déi Zuelen am Detail noliessen.

Aus desen Zuele geet awer ervir, dass de Sektor net érischt an de Kannerschong ass, mä dass Lëtzebuerg en interessanten a fiable Partner bei internationale Produktiounen duerstellt. Am Kontext vun dese positiven Entwicklungen konnten sech an de leschte Joren net manner wéi 16 Produktiounsfirmer zu Lëtzebuerg etablieren, mat 650 Employéen, dovun iwwer 250, déi an der Animatioun tätig sinn. Si all verfügen entre-temps iwwert en Know-how, dee mat deem aus dem Ausland duerchaus konkurrieren kann. Kee Wonner also, dass si och am Ausland ëmmer méi heefeg fir

Produktiounen hei zu Lëtzebuerg sollicitéiert ginn. Et ass deemno kloer, dass sech de Métier vum Filmproduzent och an de leschte Jore ganz besonnesch staark entwéckelt huet.

Et muss duerfir am Kader vun der Consolidéierung vun der Filmbranche hei zu Lëtzebuerg driwwer nogeduecht ginn, fir och um Niveau vun der Formatioun Zukunfts-perspektiven ze erschleissen. Grad am Kader vun der zukünfteger Uni Lëtzebuerg, komme mer net derlaanscht fir eventuell op Héichschoulniveau ze präfen, ob ee Filiären am Art cinématographique kéint an d'Liewe ruffen. De Filmstanduert Lëtzebuerg kéint duerch seng Proximitéit e wichtege Atout am Kontext vun der praktescher Ëmsetzung vun theoreteschem Wëssen duerstellen, an dat méttels Stagen oder Séminaren.

Mä net nëmmen de Sektor selwer profitéiert vum Ausbau, e gudden Deel vun den accordéierten Hëllef, sief et sous forme vun de Certificaten, steierleche Vergëschteungen oder aus selektiven Hëllef vum Stat, wandern erëm indirekt zrëck an d'lëtzebuergesch Wirtschaft. Et si virun allem kleng Handwerksbetriber an den Horesca-Beräich, déi vun de Produktiouns- an Dréiaarbechte virun allem hei zu Lëtzebuerg profitéieren. Et brauch ee sech nëmmen ausrechnen, wat et beispillsweis engem Hotel bréngt, wa während Deeg eng ganz Filmcrew do ënnerbruecht gëtt.

Trotz dese villversprechenden Zuelen, muss een awer nach feststellen, dass de Lëtzebuerger Marché et nach ëmmer net erlaabt fir eleng eng Produktioun ze finanzéieren. D'Kooperationsaccorden, esou wéi mer se de Mëtten hei vum honorable Jean-Marie Halsdorf virgestallt kritt hunn, spillen an deem Kader eng wichteg Roll fir Lëtzebuerg als Filmstanduert dauerhaft ze etablieren.

Kooperatiounen bestinn an der Haaptsaach mat franséischsprochege Partneren, wéi zum Beispill Frankräich, Kanada oder der Région Québec. Mä och mat anere Länner bestinn Accorden oder lafe Verhandlungen, fir des an allernächster Zukunft zu engem glécklechen Ofschloss ze bréngen. An deem Kontext wëllt ech och de Kommunikationsminister froen, wat fir eng laangfristeg Strategie virläit, fir eventuell en Netzwierk mat Partneren opzebauen. Wat fir eng Accordé sti virun hirem eminenten Ofschloss? Wéi steet et an Zuelen ausgedréckt mat der Ëmsetzung vun deene scho bestoenden Ofkommen?

Här President, et ass kloer, dass mer de Lëtzebuerger Filmsektor nëmmen am Ausland promouvieren kënnen, wa Lëtzebuerg och op internationale Festivale present ass. Ech wëllt an deem Kontext nëmmen op de Festival vu Cannes hiweisen, wou Lëtzebuerg dës Joer mat enger Rei vu Koproduktiounen vertruede war, och op der Berlinale war Lëtzebuerg an de leschten zwéi Joer vertrueden a konnt duerch verschide Produktiounen op sech opmierksam maachen, wéi beispillsweis duerch de priméierte Kuerzfilm vum Dan Wiroth «Eré Méla Méla». Last but not least war Lëtzebuerg op der 59. Mostra internationale d'art cinématographique zu Venedeg, wou zwou Lëtzebuerger Produktiounen an den offizielle Selektiounen vertruede waren.

En anere Punkt, deen ech an deser Debatt wëllt opgräifen, ass d'Lëtzebuerger Participatioun an europäesche Programmer. Als Beispill wëllt ech Eurimages huelen, e Programm vum Europarat, deen Hëllef fir Koproduktiounen a fir d'Distributioun zur Verfügung stellt. Ech wollt an deem Kontext d'Fro opwerfen, Här Minister, ob domadder all Participatiounsméiglechkeeten an europäesche Programmer ausgeschöpft sinn, an ob um Niveau

vun der europäescher Kommission nach Programmer existéieren, wou Lëtzebuerg dra vertrueden ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer hei och zwou méi kritesch Iwwerleeungen ubréngen. Déi éischt betrëfft d'Kontrollméiglechkeeten, déi de Filmfong huet, am Kader vun der Produktioun vu Filmer, wou Lëtzebuerg als Land Koproduzent ass. Ech denken hei, an de Minister huet et virdru ugeschwat, un de wahrscheinleche Flop vum Film „Le passage secret“, dee wahrscheinlech ni waert an d'Distributioun kommen. Ech kennen d'Grënn net, mä ech huelen einfach emol un, dass en ze schlecht ass.

Wann een awer do trotzdeem gesäit, dass dee Film méi wéi 30 Milliounen Euro kascht huet, also méi wéi 1,2 Milliarden al lëtzebuergesch Frangen, an och weess, dass mir iwwert e Filmfong do méi wéi fënnf Milliounen Euro dran investéiert hunn, esou muss ee sech dach trotzdeem hei eng Rei vu Froen stellen, well hei sinn esouwuel natierlech vun den Hauptproduzenten wéi vum lëtzebuergesche Stat sécherlech dann eng Rei vu Milliounen an de Sand gesat ginn. Wann een op där anerer Säit awer weess, dass iwwert de Wee vun den Hëllef, wéi gesot, eng Rei vun esou Milliounen falsch investéiert gi sinn, muss een also d'Fro vun enger besserer Kontroll stellen, déi vläicht esou Investissementer éviéiert hat.

Fir net falsch verstanen ze ginn, wëll ech nach eng Kéier betounen, dass et natierlech an der Filmproduktioun, an de Minister huet et och scho virdru betount, ëmmer erëm Flope ginn, géint déi kee gewappnet ass, an och déi grouss amerikanesch Produzenten ginn ëmmer erëm mat esou Filmer konfrontéiert, an et kënnen also och net a fortiori d'lëtzebuergesch Produktiounen sinn, déi ëmmer e grouse Succès duerstellen.

Ech wëll och an deem Kontext betounen, dass hei sécherlech keng Responsabilitéit op de Filmfong zoufält, dee jo a sech absolut keng Interventionsméiglechkeeten huet an deen nëmmen iwwert de Remboursement vu gewëssenen Dépenses intervenéiert. Nach muss ee sech allerdéngs awer d'Fro stellen, wéi et méiglech ass, dass trotzdeem fir lëtzebuergesch Verhältnissen, fir esou een enorm héije Budget, dach deelweis hei ënner abenteuerleche Bedéngungen e Film produzéiert ginn ass, an ech wär dofir och frou vum zoustännegen Minister vläicht nach eng Rei vun Explikatiounen ze kréien.

A vläicht kënnst hie mir och soen, ob et net hei méiglech wär zousätzlech Kontrollméiglechkeete virzegesinn, wann zum Beispill, wéi dat jo hei de Fall war, de Budget initial, dee jo a sech virgesi war, lagement dépasséiert ginn ass. Ech stelle mer d'Fro, ob een do net zum Beispill kéint e Clignotant festleeën, deen, wann ebe beim initialen Budget e gewëssene Pourcentage géif dépasséiert ginn, automatesch nach eng Kéier déi Fro vun dem Remboursement vun Dépenses erëm géif zousätzlech kontrolléiert ginn.

Eng aner kritesch Bemierkung betrëfft d'Televisiounsproduktiounen. Wéi een aus de Statistike kann erauslesen, muss ee feststellen, dass d'Televisiounsproduktiounen a méi speziell Showévénementer nëmme ganz selten an de Genoss vun Hëllef staatlecher Säit kommen, well se ganz einfach de Wee op Lëtzebuerg scheien. Et schéngt mer wéi wann dat steierlecht Ëmfeld an deem Fall vläicht net géif dueren, fir esou Televisiounsproduktiounen op Lëtzebuerg ze kréien. Dat schéngt mer awer ëmsou méi bedauerlech ze sinn, wann een a Betruecht zitt, dass besonnesch den RTL Group iwwer RTL Däitschland jo ganz vill Televisiounshowé produzéiert, déi och international en enormen Erfolg hunn,



wann ech elo nëmmen un déi ganz bekannten Televisiounsshow RTL Superstars denken.

An do muss een natierlech dann d'Fro stellen, firwat den RTL Group, deen awer trotzdeem e wichtegt Standbeen nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg huet, net mat méi Engagement versicht Televisiounsproduktiounen hei op Lëtzebuerg ze kréien. Ech sinn dovun iwwerzeegt, dass emol fir d'alleréischst mer missten e Motor hei op Lëtzebuerg kréien, deen esou Televisiounsproduktiounen kéint initiéieren, an dat misst eigentlech an deem Fall och den RTL Group sinn. Ech weess, dass emol ëmmer erëm an der Vergaangenheet Engagementer vun deene Responsable vum RTL Group geholl gi sinn, fir sech mat méi Engagement esou Televisiounsproduktiounen zu Lëtzebuerg hinzeginn. Bis elo schéngt dat nach net an deem Mooss passéiert ze sinn, dofir wär ech och frou, wann de Minister eis herno kéint dozou verschidden Explikatiounen ginn.

Zesummeffaassend wëll ech nach eng kéier op e puer Iwwerleeungen zrëckkommen, déi meng, esou wéi menger Fraktioun hir Meenung am beschten erëspigelen.

Éischstens: Et muss ee präifen, ob een d'Plafonge vun de Certificats d'investissement audiovisuel net ganz ofschafe soll, fir dass eventuell nach méi Produktiounen an de Genoss vun dese steierleche Virdeeler kënne kommen.

Zweetens: Dat Kooperationsnetz, wat d'Regierung amgaangen ass op d'Been ze setzen, soll an de kommende Méint a Jore weider ausgebaut ginn, fir eist Land op der cinématographescher Landkaart dauerhaft als fest Gréisst kennen ze etabliéieren.

Drëttens: Um Niveau vun der Ausbildung sollen d'Medien am Generellen an d'Filmbranche am Spezielle méi Berücksichtigung fannen. Am Rapport vun der Medienkommissioun iwwert de Bilan vum 1991er Gesetz iwwert d'elektronesch Medien, hate mer schonn op dës Noutwendegkeet higewisen, an dat virun allem am Kontext vum wuessenden Afloss vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien a vun den Entreprises, déi sech an deem Secteur bei eis zu Lëtzebuerg etabliéiert hunn.

De Produktionsstanduert Lëtzebuerg ass haut e Secteur, wou jonk Leit Perspektive kënnen entwéckelen, wann déi néideg Formatiounsfiliären an eise Schoulen, awer virun allem op Héichschoulniveau bestinn. D'Uni Lëtzebuerg soll dësen Atout opgräifen an an de kommende Joren déi entsprechend Formatiounen opbauen.

Véiertens: De Secteur verschréngt haut grouss Zomme fir Produktiounen, déi sécherlech um kënschtlechen Niveau den internationale Verglach net ze schele brauchen, déi awer um finanzielle Plang nëmmen an deene seltenste Fäll gewënnbréngend sinn. Dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg un de Programmer, déi vun den internationale Gremien an Organisatiounen ausgeschafft ginn, aktiv deelhält, fir déi néideg Fonge vläicht och iwwert dee Wee zesummenzebréngen.

Fënneftens: D'Efforten, déi um Niveau vun der Presenz vum Lëtzeburger Filmsektor am Ausland op internationale Festivaler gemaaht gi sinn, hu rezenterweis déi néideg Unerkennung bruecht. Dat ass déi richteg Strategie, fir de Secteur no bausse visibel ze maachen a fir op Standuertvirdeeler vu Lëtzebuerg opmierksam ze maachen.

Sechstens: Last but not least, wëllt ech awer do unhaken an op e puer Iddien, wat déi steierlech Moossnamen ubelaangt, méi detailleiert agoen. Lëtzebuerg huet am Kontext vu senger Standuertpolitik ëmmer de steierlechen Aspekt privilegiéiert an domadden a sech gutt Erfahrungsge maach. Verschidde Nischen, déi mer mat der Zäit er-

schloss hunn, bréngen eis haut och nach signifikativ Steierrecetten an d'Statskeess, währenddeems se gläichzäiteg bestëmmten Aktivitéiten op eise Territoire fördern.

Wat elo d'Filmindustrie ubelaangt, denken ech, dass een emol soll eng Pist ausloten, an zwar déi vun der steierlech favorabler Behandlung vun der Gestiou vun Autorechter. All audiovisuell Produktioun, all Film, dee gedréint gëtt, fällt ënner ville Gesichtspunkten ënner d'Autorerechter. Wa mir et géife fäerdeg bréngen duerch d'Schaffung vun engem steierlech gönschlechen Kader fir d'Gestioun vun Autorechter en Zentrum vun deser Aktivitéit ze ginn, dann hätte mer eis en interessanten Zousazsektor zu der Filmindustrie a sech erschloss. Natierlech kann een esou e Regime nëmmen op Gesellschaften a méi prezis op Kapitalgesellschaften applizéieren.

### **(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Dat bréngt mech dann och dozou fir d'Iwwerleeung unzeregen, ob mer net sollten eis Holdinggesetzgebung esou modifizéieren, dass d'Gestioun an d'Exploitation vun Autorechter e gesellschaftlechen Objet vun enger Holdinggesellschaft kéinte sinn. Bis elo kënnen se dat net, wat a sech erstaunlech ass, well d'Breveten an och d'Exploitation an d'Gestioun vu Brevete jo ënner Holdingsobjete falen, an da misst eigentlech an darselwechter Logik et och méiglech sinn en anert intellektuellt Recht, nämlech d'Autorerecht, och ënner esou en ähnleche fiskale Regime falen ze loossen. Domadder hätte mer dann en Instrument geschaaft, wat mat Sécherheet all deenen eng interessant Standuertalternativ géif ginn, déi mat der Exploitation vun den Droits d'auteur ze doen hunn. Ech géif mer wënschen, Här Minister, dass mer dës Iwwerleeung vläicht séier an och eingehend kënnte féieren. Et muss och elo net onbedéngt de Wee iwwert d'Holdinggesellschaft sinn, mä ech mengen, dat wär op jidde Fall e Modell, deen een emol eng kéier kéint méi seriö iwwerleeën.

Am selwechte Steierkontext wëll ech dann nach eng kéier umierken, dass AOL an Amazon sech an eise Land etabliéieren wäerten, well se bei eis e favorabelt Steierëmfeld virfonnt hunn. Lëtzebuerg gëtt domadden en Zentrum vun Internetdëngschtleeschungen, wou d'Potenzialitéiten, menger Meenung no, nach net ausgeschöpft sinn.

An deem Sënn wëllt ech nach eng aner Iddi opgräifen, nämlech ze kucken, fir um Niveau vum Internet eng Rei vu steierlechen Avantagen ze schafen, fir beispillsweis d'Verbreedung vun audiovisuelle Produktiounen iwwert den Internet ze promovéieren. Och dëst schéngt mir eng Méiglechkeet ze sinn, fir zousätzlech d'Mediendamben Lëtzebuerg weider auszubauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst sinn e puer Pisten, déi meng Fraktioun an ech selwer dem Kommunikationsminister wollte mat op de Wee ginn. Ech denken, dass et sech heibäi ëm ëmsetzbar Moossnamen handelt fir de Secteur weider auszubauen oder op d'mannst ze consolidéieren. An deem Sënn géif ech Iech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als nächst Diskussionsriednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres age droen. D'Madame Delvaux-Stehres huet d'Wuert.

**Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut zwee Punkten um Ordre du jour, zwee Accords de coproduction, ee mat Däitschland an ee mat Frankräich. Ech wëll direkt virausschécken, dass d'sozialistesche Fraktioun hiren Accord gëtt zu dësen zwee Accorden.

De Minister huet profitéiert vun der Geleeeënheet, fir e Bilan iwwert d'Filmindustrie zu Lëtzebuerg ze maachen. Ech kann elo net soen, ech hätt et vu Spannung net ausgehalen, fir dee Bilan ze héieren, mä ech mengen, et war awer eng gutt Iddi, fir dass mer de Mëtteg dësen Débat an der Chamber kënnen hunn.

Ech si mat enger ganzer Rei vun Aussoe vum Minister d'accord, ënner anerem dass et gutt ass, dass mer eng Filmindustrie zu Lëtzebuerg hunn, dass mer se sollen halen a kucken opzebauen. Ech sinn och mat där Ausso d'accord, dass Filmer maachen ouni Aiden zu Lëtzebuerg, an ech géif mengen a ganz Europa, net ka funktionéieren, dass mer also muss gutt oppassen, dass mer eng europäesch an och eng national Filmproduktioun behalen.

Et sinn awer eng Rei Nuancen, déi ech zum Minister sengen Aussoe muss formuléieren. En gros kann een et esou resüméieren, och déi Texter, déi ee liest vum Ministère, dass mer eng lieweg Filmindustrie hunn. An da gëtt opgefouert, wat alles zu Lëtzebuerg leeft, an dass et gutt ass, dass mer Koproduktiounen maachen, well dat eis et erlaabt e ganze Koup Problemer ze léisen.

Déi zwou Saachen, mengen ech, si mat Nuancen ze genéissen. Fir d'éischt emol d'lieweg Filmindustrie. Wéi dat éischt Gesetz gestëmmt ginn ass 1988 iwwert d'Tax shelter, wou d'Certificats audiovisuels agefouert si ginn, do war ech zwar net an der Chamber, mä ech ka mech awer erënneren, dass dat verkaaft ginn ass als eng Lex CLT, an dat sollt d'CLT dozou urreize fir selwer an d'Produktioun eranze klammen, an doduerch géif dann eng einheimesch Filmproduktioun entstoen.

Et huet sech awer erausgestallt, dass d'CLT net interesséiert war, fir Filmer ze produzéieren, a si ass manifestement haut nach ëmmer net staark interesséiert fir an d'Filmproduktioun eranze klammen. Allerdéngs hunn awer auslännesch Firmen erausfonnt, dass et finanziell interessant wär zu Lëtzebuerg Filmer ze dréinen, well se kënnte vu steierlechen Avantagé profitéieren.

Am Laf vun de Jore sinn eng ganz Rutsch international prestigiéis a manner prestigiéis Filmer zu Lëtzebuerg gedréint ginn. Dat huet villen Awunner vum Land eppes bruecht: Firmen, déi als Prestataire de services opgetratt sinn, Techniker, déi op de Produktiounen konnte mat schaffen, heiansdo ass och e Lëtzeburger Acteur an enger Nieweroll opgetaucht, ganz vill Lëtzeburger oder besser gesot Einheimescher, fir mam Minister ze schwätzen, hunn als Statiste matgemaach a ware begeeschtert dobäi ze sinn. Da gouf et nach eng Rei méi oder manner VIPen, déi frou ware sech mat ganz bekannte Stäre fotograféieren ze loossen.

D'Fro sief awer erlaabt, ob eng sporadesch Presenz vun der internationaler Filmszen zu Lëtzebuerg, automatesch en Effet d'entraînement huet op d'Lëtzeburger Produktioun an ob doduerch automatesch eng Lëtzeburger Filmindustrie entsteet. D'Antwort dorobber ass ganz sécher neen. Dofir gëtt et jo och de Filmfong, deen am Fong dës Industrie an dës Produktioun soll ënnerstëtzen.

Da gëtt gefrot vu ville Leit, wat sinn dann d'Retombées fir Lëtzebuerg vun deene ganzen Aiden, déi steierlech an déi direkt, déi mer ginn? Do gëtt et éischstens den allgemeng ekonomeschen Aspekt, da gëtt et den Aarbechtsmaart, an da gëtt et dat Kulturellt.

Op den ekonomeschen Aspekt wëll ech net méi zrëckkommen. Iw-

werall liese mer, dass 50% vun den Aiden erëm zrëckfléissen, déi meescht an den Horesca-Secteur. Dat ass sécher gutt, mä et ass jo net d'Zil vun der Filmförderung fir d'Horesca ze subventionéieren.

Deen zweete Volet ass dee vum Aarbechtsmaart a vun der Entwécklung vun neie Beruffer. Ech sinn och d'accord, dass ee soll an nei Formatiounen, vläicht imaginativ, investéieren, net nëmmen op der Uni, mä och op aneren Niveaun, wou kann eng Ausbildung gi sinn. Ech mengen, et ass positiv wa jonk Leit a manner jonk Leit Perspektive kréien, fir eng ganz Gamme vun interessante Beruffer, déi mam Film ze dinne hunn, technescher, kreativer, Zeechner, ech wëll se net alleguerten opzielen. An de Rapporte steet, dass mer ongeféier 450 Techniker hei zu Lëtzebuerg hunn.

Et ass awer esou, dass déi grouss auslännesch Boiten, wann déi op Lëtzebuerg kommen, ganz oft hir technesch Equipé scho matbréngen, an da brauchen se nach punktuell Leit aus der lokaler Szen, fir dobäi ze sinn. Da wësse mer och, dass e Film dréinen normalerweis eng Saach vun e puer Wochen ass. Während där kuerzer Zäit gi ganz vill Leit gebraucht. Da sinn der nach e puer an der Postproduktioun beschäftegt, an da setzen der ganz vill do ze waarden, dass erëm den nächste Film gedréint gëtt. Dat heescht, et ass also e Problem vun der Ofsécherung vun deene Leit, déi an deem Secteur schaffen. D'Regierung huet dat jo och festgestallt. Ech denken, dass dofir e Projet de loi déposiert ginn ass, deen de Statut vum Artist an domadder och vum Intermittent du spectacle soll nei organiséieren. Ech wëll dee Projet hei net diskutéieren, ech hu just eng Remarque ze maachen, déi sech dann un de Minister, dee Gott sei Dank och nach Aarbechtsminister ass, riiicht, dee mer déi da ka vläicht direkt beäntweren.

De Projet gesäit nämlech vir eng Derogatioun zum Aarbechtsrecht, wat de Contrat à durée déterminée ugeet. Well de Contrat fir d'Intermittents du spectacle soll op dräi Joer kënnen ausgedehnt ginn, während am normalen Aarbechtsrecht dat jo net méiglech ass. Ech fannen dës Derogatioun äusserst bedenklech an ech verstinn haaptsächlech net firwat se noutwendeg ass, well jo just am Kinosektor, am ganzen audiovisuelle Secteur d'Produktiounen kuerzliwweg sinn. Da gesinn ech net firwat ee méi eng laang Durée braucht fir déi Kontrakter.

Esou dass ech dat doten net agesinn, an ech menge just, wann een den audiovisuelle Secteur, de Secteur vum Kino wëllt promovéieren, a wann ee wëllt Perspektiven opmaachen, dass d'Leit sollen doranner schaffe fir interessant Beruffer ze hunn, da mengen ech, dass mer awer och schëlleg sinn, dass déi Leit, déi an deem Secteur solle schaffe goen, sozial gutt ofgeséichert sinn, an ech mengen, dass een déi Firmen, déi jo zum gréissten Deel vun öffentleche Gelder liewen an hir Filmer net kënnte maache wa se keng öffentlech Hëllef géife kréien, misst obligéieren sech justement, précisément un d'Aarbechtsrecht ze halen, an net hir Leit schlecht ofzesécheren.

Den drëtten Aspekt vun de Retombées vun der Filmindustrie op d'Land ass dann dee kulturellen. Esou wéi et richtig ass, dass ee Musek, Literatur, Danz, Molerei, Theater, Skulpteuren an esou weider ënnerstëtzt, si mer och der Meenung, dass een am Beräich vun der Kinokreativitéit d'Artiste sollt ënnerstëtzen. Et muss méiglech sinn, dat war jo och den Zweck vum Filmfong, dass e Créateur, deen zu Lëtzebuerg leeft, och zu Lëtzebuerg ka Kino maachen, iwwer all Sujet selbstverständlech, mä awer och muss hie kënne Lëtzebuerg als Sujet vun engem Film huelen, wat net heescht, dass e muss e Lëtzeburger Film maa-

chen, well hei zu Lëtzebuerg gëtt menges Wëssens no méi wéi eng Sprooch geschwat, esou dass e Lëtzeburger Film sech net doduerch charakteriséiert, dass en d'Lëtzebuergesch Sprooch huet.

Wann ee Loscht huet iwwer Lëtzebuerg, iwwert dat Land, iwwer seng Bizarrien, iwwer seng Kontradiktiounen, iwwer seng Freedene, seng schéi Säiten, seng traureg Säiten e Film ze maachen, misst dat zu Lëtzebuerg méiglech sinn, an dat, mengen ech, soll een och ënnerstëtzen. Dann dierfe mer och net erwaarden, dass all Film e Meeschterwierk gëtt. De Minister huet d'Chiffere genannt. Et ass eng Fauschregel, dass vun zéng Filmer een e Succès gëtt. Dat ass zu Lëtzebuerg wahrscheinlech net anescht wéi am Ausland. Allerdéngs ass d'Ennerstëtzung vun der Kreatioun am Kino méi komplizéiert wéi an aneren artistesche Secteuren, well fir e Film ze maachen, vun där Zäit bis een d'Iddi huet, bis e gemaach ass, ass immens vill Zäit eriwuer. Et braucht ee vill Suen, vill Leit, eng gutt Equipe an d'Finanzéierung bleift also ëmmer e risego Problem vun där ganzer Industrie.

Neierdéngs ginn dann elo d'Koproduktiounen do als e Mëttel dergestalt, niewent den Aiden, fir déi Finanzéierung do méi einfach ze maachen. A ganz bestëmmt huet d'Koproduktioun Avantagen an och e gewëssenen Interêt. D'Iddi vun der Koproduktioun gëtt jo och op europäeschem Niveau vun der Kommissioun a vun der Kommissärin ganz staark promovéiert, och mat der Iddi fir den europäesche Film ze fördern, well wa Koproduzenten aus verschiddene Länner deeselwechte Film matfinanzéieren, da sinn d'Chancé méi grouss, dass e franséische Film herno och an Däitschland gewise gëtt, an ëmgedréint, en däitsche Film a Frankräich.

D'Koproduktioun ass also e gutt Instrument, wat mir ënnerstëtzen. Et dierf awer net esou sinn, dass ee muss emol fir d'éischt e finanzielle Genie am Ingenieurung sinn, fir kënnen eng Koproduktioun op d'Been ze setzen, an dass et méi wichteg ass, wéi ee finanziell jongléiert, wéi dass een an der Kreatioun gutt ass.

Well d'Koproduktiounen, dat wësse mer, brénge jo awer och eng ganz Rei Problemer mat sech, vu dass e puer Partner sech mussen op e gemeinsame Projet eens ginn, wat jo vun all Sait Kompromësser verlaangt. Et ass zimlech kloer, dass deen, deen déi meeschte Sue mat an dat Dëppen do bréngt, och d'Décisioun am meeschten influenzéiert. An do geet et ëm d'Acteuren, déi matspillen, et geet ëm d'technesch Equipen, et geet ëm d'artistesch an d'finanziell Maitrise vun engem Film.

D'Lëtzeburger Koproduktionsgesellschaften si meeschtens an deene Projekte minoritär Koproduzenten. An der Moyenne, loossen ech mer soen, stellen d'Lëtzeburger 15-20% duer, wat d'Finanzéierung ugeet, heiansdo méi, och alt manner. Dat heescht, si hunn am seltenste Fall d'Maitrise artistique a financière vun engem Film. An ech mengen, et kann een och akzeptéieren, minoritär Partner ze sinn, an enger Koproduktioun. Iwwer Joren entsteet jo eng Zesummenaarbecht, an heiansdo huet dann en Däitschen oder e Fransous e flotte Projet, da klëmmt ee mat eran als Lëtzeburger, awer an der Hoffnung, dass dann och eng kéier e Lëtzeburger Projet vun engem Däitschen oder vun engem Fransésische matfinanzéiert gëtt.

Dat kann och fir verschidde Gesellschaften interessant sinn, well an de Koproduktiounen verdéngt ee jo och Suen. Dat erlaabt der Gesellschaft och finanziell ze iwwerliewen, bis se erëm en eegene Projet huet, mat deem se kann op de Maart goen.

Mä ech mengen d'Zil vun de Koproduktiounen ass et jo awer net



einfach, dass Lëtzebuerg just am Générique erschéngt. Et muss jo méi sinn, fir dass mer just als Partner dobäi sinn, an heiansdo gi mer souguer vergiess am Générique, loossen ech mer soen. Dat ass sécher net den Zweck dovunner. Et muss also méiglech sinn, dass och emol eng lëtzebuergesch Gesellschafft e majoritäre Koproduzent ass, fir dass en ebe just déi finanziell an artistesch Maitrise am Film behält.

Mä d'Lëtzebuurger Gesellschaften verfügen awer oft net iwwert déi finanziell Moyenen au départ, déi hinnen et géifen erlaben als majoritäre Produzent anzeklappen, net wéi déi aner Länner, wéi jo da Produzenten aus grouse Länner, déi oft Recettë verkafen, déi Suen hunn, well se d'Rechter virun un d'Televisioun verkaaft hunn, oder déi vun den Distributeurs Avances sur recettes kréien, wat zu Lëtzebuerg wéinst deem klengen Maart jo ganz schwierig ass.

Dofir eng Fro un de Minister, wat den Outil de financement ugeet. Ech weess, dass säit enger Zäit vun engem Projet geschwat gëtt, eng Iddi, déi lancéiert ginn ass vun der Banque européenne d'Investissement a vun der europäescher Kommissioun, «i2i», wann ech mech net ieren, an do war och eng Iddi ausgeschafft gi fir zu Lëtzebuerg eng Finanzierungsstruktur ze schafen, Luximages, mat dräi Partner, also d'Banque européenne d'Investissement, de Stat, also déi öffentlech Gelder, an da privat Partner, an déi Struktur géif am Fong de Lëtzebuurger Produzenten Avances sur recettes accordéieren, fir dass se méi grouss kënnen a Koproduktiounen erausklappen.

Dat kënn et hinnen erméiglechen, dass se hir Rechter fir e Land, fir Frankräich zum Beispill, fir dat nëmmen ze nennen, well dat jo dat interessantst ass, net scho missen un e franséische Koproduzent ofzetrieden, ier de Film verkaaft ass. Selbstverständlech kann dat nëmme funktionéieren, wann déi Avances sur recettes erëm zréckfléien, esou dass am Fong e Fong géif geschafft ginn, dee géif Sue virstrecken, fir dass Lëtzebuurger kënnte méi eng grouss Part an dat Déppen do mat erabréngen.

Déi Initiativ géif och bedéngen, dass Lëtzebuurger Produzentgesellschaften sech missten zesummendinn a sech konzertéieren, well se zesummen sech mussen eens ginn iwwert déi Projeten, déi sollen do finanzéiert ginn. Dat wär jo eng gutt Saach. Och einfach nëmmen, wann d'Lëtzebuurger Gesellschaften géifen e bëssen zesummeréckelen a sech besser géifen ofschwätzen, well wa mer héieren, dass am Hierscht sechs Filmer zur gläicher Zäit hei zu Lëtzebuerg gedréint ginn, da fannen ech dat net just e Modell vu gudder Zesummenaarbecht a Kooperatioun, wann een deem aneren d'Techniker ewechhëlt, déi puer, déi mir souwisou nëmmen zu Lëtzebuerg hunn, déi dann e puer Méint do setzen an erëm näischt ze maachen hunn.

D'Iddi ass also, meng Fro un de Minister ass: Ech mengen, dass déi Initiativ do näischt gëtt wann net e voluntaristescht Wuert vun Stat do gesot gëtt, fir ze soen: Da kommt mir maachen dat elo zesummen. An eigentlech ass meng Fro un de Minister, wéi wäit et mat där Initiativ do ass, oder ob mer déi kënne vergiessen an an d'Geschicht vun der kuerzer Filmindustrie hei zu Lëtzebuerg leeën.

An da wëilt ech nach e leschte Punkt opwerfen, Här President, och wa mer prinzipiell d'Iddi vun der Koproduktioun ënnerstëtzen, da mengen ech, dass et och misst méiglech sinn e Film ze montéieren, ouni forcéiert ze sinn e Koproduzent onbedéngt derbäi ze hunn.

Et gi Filmer, déi esou typesch lëtzebuergesch sinn, dass a priori en auslännesche Koproduzent se ganz bizarre fënnt, an dass deem eigentlech net drun denkt fir mat

eranzeklappen. Wat net heescht, dass de Film sech net eventuell herno awer och kënn am Ausland verkafen. Och an deene grouse Länner ginn d'Filmer fir d'éischt national gekuckt, a wa se da Succès hunn, da kommen se an déi aner Länner. Mir probéiere jo direkt an d'Ausland ze goen. Mä ech mengen och, hei zu Lëtzebuerg misst et méiglech sinn en typesch Lëtzebuurger Film ouni Koproduzent missen ze produzéieren.

Ech mengen dat leschte Beispill vun engem typesch Lëtzebuurger Film, dat ass de «Club des chômeurs», Dir hutt e selwer genannt. 10% vun de Leit hei zu Lëtzebuerg hunn dee gesinn, déi eng fannen e flott, déi aner fannen en net flott, ekonomesch ass e sécher net rentabel, well eise Marché net kann déi Suen aspillen. Ech mengen et wär awer kulturell a gesellschaftlech interessant esou Filmer ze erméiglechen a se ze ënnerstëtzen, fir dass se eng Chance hunn op de Lëtzebuurger Maart ze kommen.

An ech hunn och an deem Sënn, Här President, eng Motioun, déi ech da wëll déposéieren.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant le soutien apporté par les autorités luxembourgeoises au développement d'une industrie cinématographique au Luxembourg;*

*- considérant le succès rencontré par certains films «made in Luxembourg», qui ont pour objet des «Luxemburgensia»;*

*- considérant que des coproducteurs potentiels d'autres pays de l'Union Européenne ne s'intéressent guère à des thèmes purement nationaux et ne se précipitent donc pas, a priori, pour participer au financement de tels films dans les langues en usage dans notre pays;*

*invite le Gouvernement*

*- à permettre, par des moyens appropriés et suffisants, le financement de projets de films sur des thèmes d'intérêt luxembourgeois sans obliger le producteur à s'associer à un partenaire - coproducteur d'un autre pays de l'Union Européenne.*

*(s.) Mady Delvaux-Stehres, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart.*

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Delvaux. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Virfeld vu menger Interventioun wëll ech och dem Här Halsdorf merci soe fir seng zwee excellent Rapporten, esou gutt mëndlech wéi schrëfflech, zu deenen zwee Gesetzesprojeten. Et handelt sech jo hei engersäits ëm den Accord cinématographique tëschent Lëtzebuerg a Frankräich, anerersäits ëm den Accord de coproduction audiovisuelle mat Däitschland. Ech wëilt och vun dëser Plaz aus dem Här Minister Biltgen merci soe fir säi breet gefächerte Bilan iwwert d'Lëtzebuurger Filmindustrie, deen eis haut weist wou mer stinn a wou Problemer sinn a wat fir eng Perspektiven sech opdoen.

Här President, déi zwee Accorden hunn als Haaptobjektiv d'Koproduktioun am Filmberäich ze vereinfachen an deemno och ze stimuléieren. Eng Koproduktioun erlaabt et de Filmproduzenten, déi meeschtens vill Geld engagéieren, vun deene finanziellen Avantagen, déi op nationaler Basis unerkannt ginn, ze profitéieren a se och ze cumuléieren.

De Lëtzebuurger Filmproduktiounen erlaben dës Accorden ouni Zweifel eng Diffusioun iwwert déi

national Grenzen eraus. Déi Lëtzebuurger Filmer bleiwen net an den nationale Kinoë confinéiert, wat se jo ekonomesch méi liewensfäeg mécht. Hinne maache sech weider Marchéen op, an net déi mannst. Dës Accorden, déi haut zur Debatt stinn, si mat eisen zwee gréisseren Noperen ausgeschafft ginn, Däitschland a Frankräich, déi sécher eng ënnerschiddlech awer wichteg Roll an der europäescher Filmlandschaft spillen. Béid Länner haten hir Glanzzeiten an der Filmgeschichte zu verschidde Perioden, déi jo deelweis u Krich an u Regimen ugegliddert waren an och un hir national Traditiounen, hunn awer haut nach e bedeitende Stelleftwert och an der internationaler Skala.

Déi zwee Projeten droen deemno zu enger Stimulatioun vun den audiovisuellen Aktivitéiten an der cinématographescher Industrie hei zu Lëtzebuerg bäi.

Här President, ouni wëllen op den Historique vun der Lëtzebuurger Filmindustrie anzegoen, meng Virriedner hunn dat scho gemaach, kann een awer trotzdem, am Kontext vun Minister Biltgen senger Bilanzpräsentatioun, e puer Aspekter vu senger Entwécklung nach eng Keier belichten.

Mam éischte Certificats-Gesetz vum 13. Dezember 1988 ass déi ganz Saach emol richtig un d'Rule bruecht ginn, andeems auslännesch Produzenten an d'Land gelackelt goufen. Et dierf een awer net vergiessen, dass scho virdrun interessant Lëtzebuurger Produktiounen, zwar mat ganz bescheiden Mëttelen, entstane sinn. Eng professionell Filmindustrie gouf et virdrun nach net, konnt sech awer lues a lues duerch de Kontakt mat auslännesche Vollproflen entwéckelen.

Net ze vergiessen och eist Gesetz vum 11. Abrëll 1990, mat deem de Fonds national de soutien à la production audiovisuelle an d'Liewe geruff gouf. Dës Fong ënnerläit esouwuel dem Ministère, deen den audiovisuelle Sektour a sengen Attributiounen huet, wéi och dem Kulturministère. Seng Hauptmissioun ass d'Promotioun vum audiovisuelle Produktiounssektor.

Dës Politik huet sécherlech seng Friichte gedroen, wann ee bedenkt, dass sech déi national Filmsezen an deene leschte Jore staark professionaliséiert huet an ouni Zweifel eng gewëss international, an national natierlech, Notoriétéit krut. Esou existéieren, wéi mer et scho gehéiert hunn, mä ech mengen et mécht Spaass fir dat nach eng Keier ze widderhuelen, eng ronn 40 Produktiounsgesellschaften, déi ongeféier 100 Leit beschäftegen, ëm déi 50 Sociétés de services spécialisés, 3 Distributiounsgesellschaften, méi wéi 400 Techniker a 37 Réalisateuren. Och si säit 1988 iwwer 250 audiovisuell Wierker entstanden. Dat léisst sech weisen. Woubäi ee muss bemerken, dass d'Zil sécherlech ni wor, aus Lëtzebuerg en neit Hollywood ze maachen. D'Zil war bestëmmt och net an dësem Sektour eng Nischepolitik ze bedreiwen, och wann an der Logik vun der Diversification économique esou konnt e weideren ekonomesche Créneau geschafft ginn, e Créneau, deen och Producteur d'emploi fir Lëtzebuurger a fir Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, geschafft huet.

Allgemeng kann een d'Filmbranche an insgesamt den audiovisuelle Sektour net ënnert strengen a reng ekonomesche Kritären ënnert d'Lupp huelen. Och wa gewëss eng Produktioun wa méiglech soll rentabel sinn, a viabel, dat heescht liewensfäeg sinn, esou handelt et sech dach, an haapt-sächlech a Lëtzebuurger, mä ech géing och mengen an europäescher Siicht, virun allem ëm en

héichrangeg kulturellt a manner ëm e reng kommerziellt Produkt, wéi dat zum Beispill oft an den USA de Fall ass.

Här President, heiansdo héiert een dobaussen d'Kritik - an och Verschiddener vu menge Virriedner sinn dorop agaangen -, dass dem Lëtzebuurger Stat, duerch seng Steuer- a Subventiounspolitik, zu Gonschte vun der Filmindustrie, en décke Batz Suen duerch d'Fangere géif rënnen. Dës Usicht ass menger Meenung no awer ze relativiséieren. D'lescht Joer goufe fir 40,6 Milliounen Euro Certificats d'investissement audiovisuel (CIAV) erstellt. 30% vun dësem Montant sinn als «non-recette fiscale» ze betruechten, deemno 12,8 Milliounen Euro. Et kann een dervun ausgoen, dass op d'mannst 50% vun dëse bal 13 Milliounen Euro sech awer direkt an der Lëtzebuurger Wirtschaft erëmfannen, sief dat am Horesca-Sektour oder bei anere Commercen oder awer bei nationale Betriber, speziell am Sektour vum Artisanat, zum Beispill bei Schräiner, déi dauernd hëllefen déi Saachen opzeriichten, déi prioritär Opträg kréien.

Wat elo déi reng finanziell Hëllef fir Lëtzebuurger Produktiounen betrëfft, esou louch déi d'lescht Joer bei ronn 3,7 Milliounen Euro. Eng staatlech Subventioun vun der nationaler Filmindustrie ass näischt Aussergewöhnlech an Europa, bien au contraire. Ouni dës Subventiounen kënn ganz einfach den europäesche Kino der amerikanescher Konkurrenz iwwerhaupt net standhalen. Doniewent ginn eng ganz Partie vun europäesche Filmer vu gréisseren Televisiounschainë matfinanziert, wat jo leider hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass.

Op europäeschem Plang spillt och den EU-Programm MEDIA eng wichteg Roll. Heimat geet et en amont, bei der Formatoun, an en aval um Niveau vun der Distribution an der Diffusioun vun europäesche Wierker. Finanziell gëtt do intervenéiert am Sënn vun enger gestärkter Kompetitivitéit. Dës Efforte kënnen awer nëmme produktiv sinn, wann zousätzlech op nationaler Basis finanziell Hëllef virgesinn a gi sinn.

Här President, d'Politik, déi mat de Certificats-Gesetzer an duerch de Fonds national de soutien à la production audiovisuelle instauréiert gouf, huet vill Positives bewierkt, net nëmme fir déi national Filmbranche, mä doriwwer eraus fir d'Kultur an d'Image de marque vun eisem Land. Dës System soll, menger Meenung no, nach virun applizéiert ginn. Meng Suerg ass awer, an dat ass och virdrun schon ugeklongen, dass de System soll beschméiglech dobaussen international bekannt ginn, dass esou vill wéi méiglech Leit aus der Filmbranche wëssen, wat zu Lëtzebuerg an deem Sektour besteet.

D'Regierung soll och virufueren, esou wäit wéi dat méiglech ass, bilateral Koproduktiounsaccorde mat anere Länner ze négociéieren. Mir hu gehéiert am Rapport, dass Négociatiounen amgaange si mat Éisträich an Irland. Ech fannen dat eng gutt Saach an hoffen, dass nach aner potenziell Partner sech op deem Gebitt fannen. Esou kënn onse Lëtzebuurger Filmsektor virun a mécht sech lues a lues méi sécher, och méi staark an do duerch méi attraktiv, och dat lues a lues op der ekonomescher Säit.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Beissel, den nächste Riedner ass den Här Greisen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Greisen (ADR).** - Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt all deenen, déi un deenen zwee Projekte matgeschafft hunn, merci fir Är Aarbecht.

De Rapporteur huet a sengen zwee Berichter déi Ofkommen erkläert, a grad esou wéi meng Virgänger hei op der Tribün d'Entwécklung am Sektour duergestallt. A menger Interventioun kann ech mech dofir kuerz faassen a just e puer Iwwerleeunge virdoen, déi fir den ADR doriwwer eraus wichteg sinn.

No deene bilateralen Ofkommen mat Kanada a Quebec sinn déi heiten Ofkommen fir Koproduktiounen eréischt Nummer dräi a véier, déi zu Lëtzebuerg an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn. Och wann eist Land am europäesche Verglach nach an de Kannerschong stécht, esou muss een awer feststellen, dass déi einheimesch Filmindustrie an deene leschte Joren en Opschwonk erlieft huet. Leider ass awer och feststellen, dass, vun eenzelnen Ausnahmen ofgesinn, bal keng Filmer a Lëtzebuurger Sprooch gemaach ginn oder iwwer Lëtzebuurger Themen. Dofir huet de Stat ganz einfach net Sue genuch.

Erfreelecherweis hu sech lëtzebuergesch Produktiounen, haapt-sächlech a franséischer Sprooch, an Europa awer mëttlerweil en Numm gemaach. Dat ass ze begreifen an dofir kann een dës Autoren nëmme félicitéieren. Dofir muss mer awer déi bilateral Zesummenaarbecht och no dësen Ofkommen mat Frankräich an Däitschland nach weider a souguer méi ënnerstëtzen, an dat net nëmme fir déi lëtzebuergesch Produktiounen, mä allgemeng wéinst dem europäesche Film insgesamt.

Déi zoustänneg Kommissärin an der Europäescher Kommissioun huet drop higewisen, dass och wann déi amerikanesch Produktiounen dominéiere géifen, dës den europäesche Film vum kulturelle Gesichtspunkt aus net ersetze kéinten. Deem kann een nëmme bäistëmmen. Leider ass et awer esou, dass wéinst där kultureller a sproochlecher Diversitéit, déi wuel e grouse Virdeel an Europa duerstellt, d'europäesch Produktiounen et schwéier hunn an deenen aneren europäesche Länner e breede Publikum ze fannen. Niewent de sproochleche Barrieren ass et awer och eng Fro vum Budget.

Well also déi europäesch Produktiounen sech meeschtens net duerchgesat kréien, mussen nach weider Efforten an dës Richtung ënnerholl ginn. D'USA hunn och kee Grond, fir esou eng europäesch Politik ze kritiséieren, well si besetze jo elo scho 75% vum europäesche Maart, an dat well de Maart fräi ass. Op där anerer Säit ass et awer esou, dass europäesch Produktiounen nëmmen en Undeel vun 3,6% um amerikanesche Maart hunn, well do, am Géigesaz zu der EU, kommerziell Moossname bestinn, déi de facto eng Grenz fir europäesch Filmer duerstellen.

Dass mir et hei mat engem reelle Problem ze dinn hunn, deen nach laang net aus der Welt geschafft ass, beweist eng Resolution vun der Regionalversammlung Europa aus der Assemblée parlementaire de la Francophonie. Dës Resolution vum 20. November 2002 weist, dass mer an der grousser Aufgab, déi europäesch Filmproduktioun vis-à-vis vun den Amerikaner ze stäerken, anscheinend nach net ganz wäit komm sinn. Dëst gëtt engem ze denken, wann ee weess, dass mer zënter zéng bis 15 Joer schon iwwert dës Problematik schwätzen, anscheinend leider ouni konkret Resultater.

Dir Dammen an Dir Hären, den ADR huet op dëser Tribün den 22. März 2001 an der Debatt iwwert d'elektronesch Medien op dës ganz delikate Punkt opmierksam gemaach an et ausdrécklech begrësst, dass déi sou genannten Exception culturelle duerchgesat gëtt. Ech wëll an deem Zesummenhang un eng Motioun erënneren, déi mir als ADR, den 22. März hei an der Chamber virbruecht hunn. Dora gouf d'Regierung opgefuer-



dert, dem Drock vun Amerika net nozeginn an de Maart net méi grouss fir amerikanesch Produktiounen opzemaachen.

Den ADR huet an därselwechter Motioun d'Regierung opgefuerdert sech dofir anzsetzen, dass europäesch Produktiounen méi op d'Televisioun komme wéi bis elo, a weider Ustengungen ze ënnerehuele fir europäesch Produktiounen ze fördern a souguer ze verduebelen.

De Minister war deemools mat der Zilsetzung vun dëser Motioun absolut d'accord, huet sech och averstanen erkläert mat der Forderung, dass mer méi europäesch Programmer maache missten.

Dir Dammen an Dir Hären, dës zwee Gesetzter stinn also am selwechte Kontext, an dofir erënneren ech hei nach eng Kéier un dës Motioun an hoffen, dass sech déi zoustänneg Mediekommissioun nach eng Kéier mat där Problematik beschäftegt, well se virdu méi oder weineger roueg ënnergaangen ass.

Den ADR stëmmt dëse Projet a mécht en Appel, déi lafend Verhandlungen esou séier wéi méiglech ofzeschleissen an nei Verhandlungen mat aneren europäesche Länner an Ugrëff ze huelen, fir esou d'Positioun vum europäesche Film ze stäerken.

Zum Bilan vun eiser Filmindustrie zum Schluss nach zwou méi negativ Säiten aus dëser Branche, déi et géllt ze verbesseren. An de Berichter vum Minister a vun der Kommissioun steet, an dat ass och hei gesot ginn, dass de Secteur vill Profit mat sech géif bréngen, dëst besonnesch fir kleng a méttel Betriber aus dem Bauhandwierk. Ech huelen un, domat ass haaptsächlech de Bau vu Kulisse gemengt, d'Ariichten an d'Ofspäre vu Gebitter, Gebailchekeiten a Stroossen.

Dir Dammen an Dir Hären, do géllt et awer op de Buedem vun der Realitéit zrëckzekommen, an dat weisen ech hei an zwee Beispiller op.

Deen éischte Problem: Wat de Bau vu Kulissen ubelaangt, wat jo näischt anescht ass wéi e Chantier, dee bei eis ënnert d'Bestëmmunge vum Gesetz „chantier temporaire et mobile“ vun 1996 fält, do géif ech mir wënschen, dass eis einheimesch Firmen dëselwecht Virdeeler, respektiv Facilitéite beim Kulissebau kréische wéi déi auslännesch, déi oft keng Autorisatioun hunn, keng Kommodosprozeduren a keen Aarbechtsrecht anzehale brauchen. Hei misst och, an dat europawäit, versicht ginn, deem onmënschleche System vu schäinselbstänneg Mataarbechter a Cascadé vun Ënnerfirmen, Leihfirmen, an esou weider, ofzeschaffen.

Och d'Ausso, dass d'Hotelbranche hei esou déck profitéiert, kann ech net deelen. D'Realitéit ass déi, dass 99% vum technesche Personal, inklusiv d'Statisten, an onwierdege Container wunnen, a vläicht een oder deem anere Star an engem Luxuswunnmobil.

Am Zesummenhang mam Ofspäre vu ganze Géigenden an Autobunnen, froen ech mech, ob de Profit, deem de Ministère gesäit, duer geet fir de Betriber den Ausfall ze bezuelen, wa grad an de Spëtzezonnen d'Zoufahrt zu de Betriber gespaart ass. Beispill Collectrice du Sud, nach net laang hier. Do stinn da Mataarbechter am Stau a kommen ze spéit op d'Aarbecht, Lieferanten a Cliente mussen eng aner Kéier erëmkommen oder grouss Émweeër maachen. Alles dat geet op Käschte vun de Betriber, de Stat hëlleft deenen net. De Bilan ass also net esou positiv. Ech froe mech, wou déi Statistiken hierkommen.

Zum Schluss nach eng Kéier de Jo vum ADR zu dësem Projet. Merci.

**M. le Président.** - Här Greisen, merci. Als leschten ageschriwwene Riedner huet den Här Garcia d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Merci Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng stëmmen dës zwee technesche Gesetzter, déi och an der Kommissioun schonn net zu wahnsinnegen Diskussiounen an Debatten Ulass ginn hunn. Eise Programm heibanen, „accords croisés“, wär wahrscheinlech vill méi kuerz ginn, wann net de Minister nach e massive Werbeblock fir sech selwer ageschoben hätt, deem erëm eng Kéier beweist, dass wann ee Werbung aschiebt, een net onbedingt d'Aschaltquote muss niddreg halen.

Et ass natierlech kloer, dass de Bilan vun dem Minister vun der Industrie cinématographique eesäiteng an eendeiteng positiv ass. Ech denken, an déi meescht Riedner a Riednerinne virdrun hunn dat och gewisen, dass dee positive Bilan a groussen Zich och gedeelt gëtt vun deenen anere Parteien a Fraktiounen, och wa sécher net alles eng golde Palm ass, wat hei an dem flackernde Käerzeliicht vun eise Soapstudio an der Chamber glamour.

Ech wëll dofir eng hallef Dose vläicht Themen uschneiden, allerdéngs nëmme ganz kuerz, fir e puer Froen opzuerwerfen. Déi éischt Fro ass schonn hei e puermol opgedeschit ginn, nämlech déi vun der Relatioun tëschent dem Input an dem Output vun där neier Industrie.

De Minister mécht en impressionante Bilan. 40 Produktiounsgesellschaften, dräi Studioen, véier Produktiounsgesellschaften am Beräich Animatioun mat dräi Studioen, 50 Zouliwwerfirmaen, dräi Distributiounsboiten an esou weider an esou fort. Dat ass schéin a gutt, mä et wär vläicht och net oninteressant e bësse méi eng prezis Input-Output-Rechnung ze maachen, och wann dat schwiereg ass. Mä an der Vergaangenheet si mer e bësse geschiedegt ginn.

Ech erënnere mech, an engem anere Secteur sinn heiansdo grouss Firmae mat bis zu zwou Milliarden anciens francs subventionéiert ginn a si hunn 30 Aarbechtsplaze geschaaft an et ass ni ausgerechent ginn, wat déi Subventionen oder Steiererlichterungen eigentlech bruecht hunn. Ëmmerhin sinn an dësem Beräich d'Retombéeeën um Aarbechtsmaart scho méi héich wéi zum Beispill bei enger Firma wéi Kronospan, déi ebe bal zwou Milliarden ancien francs krut.

Wann een awer, wéi am Bericht vum Minister steet, als Retombées économiques Benefisser vun Horeca, vu Reesbüroen a vu Grandesurfaces nennt, dann ass dat e bëssen dürftig, well déi Retombéeeë fale souwisou bei all deenen aneren Aktivitéiten och un. A wa sech géif herno bei engem méi detailléierte Bilan erausstellen, dass all Pizza, déi op e Plateau an der Paus vun engem Tournage gecallé gëtt, wann déi géif mat 100 Euro subventionéiert ginn, da wär dee Bilan sécherlech net esou positiv. Mä ech ginn dovunner aus, dass dat net esou ass.

Mä trotzdem wär et net schlecht wann ee géif eng Kéier e bësse méi eng approfondéiert Etüd maache wat eigentlech vun öffentliche Sait an déi Industrie gestach ginn ass a wat eigentlech konkret dobäi erauskomm ass.

Den zweeten Aspekt ass dee vun de Succèsen a vun den Échecen. De Minister huet a senger Lëscht natierlech haaptsächlech d'Success stories opgezielt, an et ass awer och logesch, a jiddferen huet sech dat och erwaart, dass et och e puer Flopen an och e puer manner Success stories an deem Beräich gëtt.

«Pas tous les petits films sont bons», war en Interview mam Direkter vum Filmfong am Land vum Dezember 1999 iwwerschrifft, a säit dem «Tod in Venedig», vun der Produktioun Secret Passage

kann een och vläicht soen: «Pas tous les grands films sont bons.»

An dofir wär et vläicht awer interessant ze héieren, iwwert dee wahnsinneg Projet, deem d'Massen zu Pilgerfahrten op d'Terres Rouges mobiliséiert huet, fir do e puer Detailer gewuer ze ginn, déi vläicht da manner agréabel si wéi déi Success stories.

Wéi vill Sue sinn an deem Projet hänke bliwwen, dee jo anscheinend kee Keefer fënnt, well et e schrecklech langweilige Film ass? Wéi vill öffentlech Gelder sinn do eragefloss? Gëtt dee Site nach spéider genotzt? Ginn do herno déi onsäglech Donna Leon-Serié gedréint oder ginn do herno Pizabäckeren agestallt, déi dann do fir Animatioun solle suergen?

Dat stellt och déi kruzial Fro, ob vun der Distributioun vun deene Filmer, déi zu Lëtzebuerg gedréint si ginn oder wou Lëtzebuerg seng Fangere mat am Spill huet, an et ass oft hei och monéiert ginn, dass heiansdo eng Visibilitéit an der Presentatioun vun deene Filmer vu Lëtzebuerg als mat, wéi soll ech soen, verantwortlecht oder kompetent Land feelt. An et gi Schwierigkeete sécherlech fir am Ausland Distributeuren an Téleeën ze fanne fir déi Filmer ënnerzebréngen.

Et ass zwar scho gesot ginn, dass de Filmfong zwar op Festivals mat engem Stand present ass, mä et geet net duer, dass do d'Leit d'Leit mat engem Crémant am Grapp erwaarde bis e Keefer kënnt. Ech mengen, dass déi Aarbecht, déi do muss gemaach ginn, wahrscheinlech méi eng gedélleg Aarbecht ass, méi eng konsequent Lobbyarbeit. Et misst ee sech vläicht iwwerleeën, ob een entweder zesumme mat engem anere Land wéi der Belsch oder selwer en eegene Büro opmécht, deem da méi eng kontinuierlech Aarbecht vu Promotioun a Marketing mécht.

En drëtten Punkt, deem ech wollt opwerfen, ass den Impakt op den Aarbechtsmaart an d'Aarbechtskonditiounen an deem Secteur. Den Impakt op den Aarbechtsmaart vun deem neie Secteur schéngt jo net ganz onbedeutend ze sinn: 100 Persounen an de Produktiounsfirmaen, 80 Techniker an Technikerinnen an dem Animationsberäich, 450 Techniker an Technikerinnen insgesamt. Dovunner 380 Résidenten an 250 richteg Lëtzebuerger.

Par rapport kann een dat natierlech och relativéieren, ech wëll drun erënneren, dass an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg zwëschent 12.000 a 16.000 nei Aarbechtsplazen netto geschafe si ginn, dann ass dat vläicht manner impressionant, quantitativ. Allerdéngs sinn déi Aarbechtsplaze qualitativ interessant, bewegen se sech dann trotzdem an engem Secteur, deem éischters innovativ ass, nei ass an deem och ganz kreativ ass. Ech erënneren drun, dass mer zu Lëtzebuerg wierklech an dem Beräich vun de kulturellen a vun de kreativen Aarbechtsplazen nach vill Nohuelbedarf hunn. Ech erënneren drun, dass an dem Bilan vun dem Gesetz iwwert d'Artistes indépendants an d'Intermittents du spectacle steet, dass et zu Lëtzebuerg genau 36 unerkannten Artistes indépendants gëtt an 23 Intermittents du spectacle, wat jo och net schrecklech impressionant ass bei enger Gesamtziel vun Aarbechtsplazen vun iwwer 200.000.

De Beräich vum private Cinéma a vum Audiovisuel ass par définition en dereguléierte Beräich mat vill Freelance, mat vill Contrats à durée déterminée an och mat ganz ville Méiglechkeete fir Abüen ze maachen, déi och schonn den Här Greisen hei ugedeit huet. Ech denken, dass dem Här Biltgen als Aarbechtsminister oft d'Schudder

erofafen an hie wahrscheinlech och muss erkennen, dass et keng optimal strukturéiert reguléiert Léisung fir dee Secteur ka ginn.

En amendéiert Gesetz zu den Intermittents du spectacle bréngt zumindest an deem Beräich e puer Verbesserungen, och wann d'Associatioun vun de Betraffenen, déi heescht ATAC, allerdéngs nëmme mat engem «t», nach vill un deem Gesetz ze rouspétéieren huet.

Wat de Statut vum Artiste indépendant ugeet, do wäerte mer jo och nach am Hierscht drop ze schwätze kommen. Do wäert et trotzdem och mat deem amendéierte Gesetz relativ onattraktiv bleiwe fir als Individuum sech ënnert deem Statut hei unerkennen ze loosse, well ënner anerem och déi Period vu Stage vun dräi Joer nach ëmmer bäibehale gëtt.

Véierte Beräich, wou ech wollt kuerz e puer Remarque maachen, dee mer awer och schonn hei bei der Debat iwwert d'neit Mediengesetz, wat jo ëmmer nach um Instanzewee ass, schonn opgeworf hunn a wat och den Här Mosar hei nach eng Kéier zitéiert huet, ass den nationalen Televisiounsberäich. Mir haten deemools bei den Debatten och an der Kommissioun gesot, et wär vläicht interessant wann een déi Förderpolitik, déi am Beräich vun dem Kino ass, och kéint op Televisiounsproduktiounen mat engem kulturellen Inhalt ausdehnen.

Do wär natierlech RTL e privilegiéierte Partner gewiescht, mä och net deem eenzeg. Et ass jo drëm gaange fir déi zousätzlech Televisiounskanal net nëmme mat Blödsinn ze fëllen, mä och mat soziokulturelle Programmer. Deemools war och d'Iddi esouguer selwer, mengen ech, aus de Reie vun der Regierung komm, fir amplaz Emissiounen ze subventionéieren, wat mer jo elo indirekt mat RTL maachen, Produktiounen ze ënnerstëtzen, wat da méi direkt Retombéeeën op de visuelle Standuert zu Lëtzebuerg hätt, also net nëmme op d'Cinéma-Produktioun, mä och op d'Televisiounsproduktiounen. Do kéint een zum Beispill virgesinn entweder e järeleche Budget fir Programmer vum Service public no gewësse Kritären: Identitéit, Integratioun, Educatioun a Kultur, oder iwwert e Fong, dee kann en anere sinn oder deeselwechte sinn, fir do op der Basis vun agerechtere Projekte Suen ze verdeelen.

Dat kéint natierlech de Standuert Lëtzebuerg beräicheren. Mä ech erënnere mech drun, wéi nach de «Kuck Elei» Sonndes nomëttes gelaf ass, do si jo heiansdo esou méi Heimatfilmdocumentaire gelaf, déi ee vläicht deemools belächelt huet, mä et muss een awer am Réckbléck kucken, dass do awer ganz vill Mémoire collective filmesch festgehal ginn ass, déi haut e bëssen an där méi accélériéierter Versioun vun deene Reportagen um Fernseh verluer gaangen ass, an et misst een eigentlech all Effort ënnerstëtzen, an dofir mengen ech kann een och déi Motioun vun der sozialistescher Fraktioun ënnerstëtzen, fir an deem spezifesch lëtzebuergeschen oder regionale Kontext d'Opschaffung vu Geschicht a vu Realitéit ze fördern.

Ech hu mer soe gelooss, datt anscheinend am nächste Statsbudget eng Millioun Euro virgesi wär, fir op RTL eng Stonn pro Woch Lëtzebuerger Produktiounen ze weisen, wou allerdéngs eben och lokal Produzenten Opdrag kréichen, wat dann also keng Politik vu plompem Subventionnement wär, mä just eng Rémunératioun vum Service public. Allerdéngs si mir nach ëmmer der Meinung, dass ee muss kloer Kritäre fir d'Attributioun vun esou Finanzementer opstellen.

Et ass natierlech kloer, an ech maachen do eng kleng Klammer, dass Politiker a Politikerinne par définition déi Medien ënnerstëtzen, déi hinnen am beschten an de Krom passen, an dofir ass et och kloer, dass bei dëser Koalitioun, an och ähnlech an där Koalitioun virdrun,

éischter déi grouss Medien ënnerstëtzt gi sinn, déi d'Diffusioun assuréieren, während déi kleng Medien, déi oft d'Kommunikatioun zwëschent de Leit assuréieren, éischter négligéiert ginn.

Ech nennen e puer Beispiller. Am Beräich vun der geschriwwener Press gi mëttlerweile 80% vun der Aide à la presse un zwee Verlags-haiser. Am Beräich vun de Radioë gesäit et esou aus, wéi wann dat neit Mediengesetz eng Oplockerung vun den Antimonopolbestëmmungen fir déi grouss Radioë géif mat sech bréngen, an dass et gläichzäiteg en Ausdréchn vum den associativen a multikulturellen Initiative géif ginn. An als lescht Beispill ginn och kaum Efforte gemaach fir eng kohärent Mediepedagogik an de Schoulen ze maachen. D'Schüler an d'Jugendlecher kéinte jo emol zu kritesche Bierger a Biergerinnen erzu ginn, an dat passt autoritär motivéierte Politiker natierlech net an de Krom an da mécht ee léiwer Förderung vu Fun duerch eng grousszügig gefördert Unterhaltungsindustrie.

Siwenten a leschte Punkt, dat féiert mech dann zu de Qualifikatiounen, déi awer net nëmme eng professionell Qualifikatioun soll sinn, mä och eng citoyenne Qualifikatioun vun Accès zu de Medien. Dat war schonn ëmmer eist Haupteleien an ech hu bestëmmt hei an de leschten zéng Joer zwoelfmol dem Brecht seng Formel vun den Distributiounsmëttelen, déi ee soll a Kommunikatiounsmëttelen verwandelen, hei benotzt. Et mussen awer och nieft där grousser Professionaliséierung an alle Beräicher vun de Medien Nische ginn, fir dass d'Bierger a Biergerinnen och kënnen medieméisseg täteng sinn an net nëmme an enger Stellvertreterdemokratie kënnen Zuschauer an Zuschauerinne sinn.

Dofir fannen ech et heiansdo e bëssen, wéi soll ech soen, houleux, wann een elo Medien ënnerstëtzt, déi convivial Medien, an als Lobbyist bezeechent gëtt, well déi Politiker, déi sech fir d'Interesse vun de grouss Medien asetzen, wëlle sech jo och net als Lobbyist bezeechne loosse, mä éischter als Champion vun der audiovisueller Industrie zu Lëtzebuerg.

Dofir fuerdere mir nach eng Kéier d'Regierung op, fir endlech e kohärent Konzept vu Mediepedagogik an der Schoul, awer och an der Jugendarbecht auszeschaffen. Et gi jo schonn eenzel Initiativen, wéi den Uelzechtkanal, wéi d'Graffiti-Sendungen um Radio ARA, oder déi Schoul-Radios zu Dikrech, Woltz an op anere Plazen.

Rezenterweis huet sech jo eng Associatioun vu Leit um Terrain constituéiert, ech mengen déi heescht AEACA an et gesäit een also do um Terrain, dass do eppes bougiert, an ech géif d'Regierung opfuerdere fir vläicht e Wäissbuch iwwer Mediepedagogik op allen Niveauen innerhalb an ausserhalb vun der Schoul ufaerdegen ze loosse, dass d'Medien engersäits present a méiglechste ville Fächer sinn, an dass et awer och vläicht spezialiséiert Filière ginn am Beräich vun de Medieberuffer, an dat net nëmme am Cycle supérieur vun dem IST, mä och am Cycle supérieur vum ES, also vum Enseignement secondaire.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Ech wollt eigentlech elo heimadder ophalen, kommen awer net derlaanscht fir eng kleng Schlussremarque ze maachen, well den Här Mosar och nach hei e bësse vun E-Commerce a vun Amazon geschwat huet. Déi ganz Mediekonzentratiounen oder Medienemverdeelungen hunn natierlech och hir Schietsäiten.

Mir begrëssen allegueren hei, dass eng Firma wéi Amazon hei op Lëtzebuerg kënnt aus fiskalesche Grënn, si bréngen net vill Aarbechtsplazen heihinner. Déi hunn eng Dumping-Politik gemaach



während sechs bis acht Joer. An den USA wäerten se ongeféier 10.000 bis 50.000 Librairien a Mediefirmaë futti gemaach hunn, mat 100.000 Aarbechtsplazen. Si hu Verlagshaiser ënner Drock gesat mat Fuerderunge fir aner Margen ze kréien. Amplaz 30% 50%. Si hu Verlagshaiser dozou bruecht verschidden Titelen net méi ze publizéieren, well se sech eben net iwwert deen dote Medium verkafen, hunn also en direkten Impakt och op d'Angebot vu Bicher, vu Videoen a vun anere Medien.

A schlussendlech hu se an hire Betriber, wou jo schonn duerch si vill manner Aarbechtsplaze geschaaft gi sinn, haaptsächlech Aarbechtsplazen ofgebaut ginn, Aarbechtskonditiounen, déi ee bei McDonald's a bei anere Firmaen erëmfënnt. Dofir wollt ech dat just als kleng Remarque soen, vu dass net alles, wat an de flackernde Lüsteren hei glänzt, eng golde Palm huet.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Minister François Biltgen.

■ **M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen dann nach e klengen Ofspann hei zu deem Film, andeem ech e bësselchen aginn op déi eenzel Saachen, déi gesot goufen, woubäi ech awer wëll virun allem d'Geleeënheet benotze fir allen Intervenantë merci ze soe fir déi ganz konstruktiv a kritesch Bäiluechten. Ech mengen, dass dat just dat ass wat ech einfach wollt, dass mer eng Kéier derduerch ginn a soe wat gutt ass, och Sugestiounen ginn iwwer Saachen, déi ee kéint aneschtens maachen oder wou ee kéint higoen. Ech wäert versichen, ouni eppes wëllen ze vergiessen, mä trotzdeem kuerz ze bleiwen, op déi eenzel Saachen anzegoen.

Eng Fro, déi ëmmer erëm kënnt, dat ass déi vun de Suen. Méi Suen, manner Suen, alles bezuelen, näischt bezuelen. Ech wëll dee Komplex emol fir sech huelen. Woubäi ech nach eng Kéier wëll drop hiweisen, dass mer zwee verschidden Instrumenter hunn. D'Madame Beissel hat dat iwwregens ganz gutt selwer gesot.

Ech soen et nach eng Kéier: Certificats audiovisuels. Dat si keng direkt Hëllef vum Stat, dat ass eng Steierrecette op déi de Stat verzicht, dat sinn 30% non-value. Et kann een op där enger oder op där anerer Säit Tableaux opmaachen. Déi eng soen: Also alles kréie mer eran. Déi aner soen: Et kënnt guer näischt eran. Dat ass müsseg. Et muss ee sech fir mech just d'Fro stellen, wa mer net op déi Steierrecettë géife verzichten, géife mer awer déi Recettë kréien? Well da géife jo déi Suen iwwerhaapt net op Lëtzebuerg kommen, esou dass een dat emol och muss vu virera soen. All de Rescht, ginn ech gären zou, et kann een ëmmer soe wéi vill Leit sinn an Hotelén, wéi vill Leit sinn hei an do, ech wëll mech dofir net op déi Diskussioun aloosen. Mä fir mech ass et wichteg hei ze soen, dass een déi Suen net och zu Lëtzebuerg hätt, wa mer kee Steierregime hätten.

Dat wat eng direkt Ausgab ass vum Stat, dat ass déi direkt Hëllef. Dat si Steierzuelersuen, déi direkt an eng Produktioun ginn. Dat ass awer de klengsten Deel. Dat meescht geschitt iwwert d'Certificats audiovisuels an dee mannsten Deel geschitt iwwert d'Direktbäihëlfen. Dat emol gesot.

Da stellt sech nämlech d'Fro, déi och den Här Mosar opgeworf hat, mat dem Plaffong bei de Certificats audiovisuels. Mir si just der Meinung, et soll een domadder virsiichteg ëmgoen. An ech kommen dann direkt op dat Beispill zrëck, Här Mosar, wat Der richteg hei

duergeluecht hutt, dat vu Venedeg. Wa mer nämlech de Plaffong ganz grouss opmaachen, da risquéiere mer, dass mer riseg Produktiounen kréien, déi da ganz vill hei accapariéieren, ouni dass awer do déi néideg Retombéeën do fir Lëtzebuerg kommen. Dat ass eppes, woufir mer skeptesch sinn, a mir maachen och éischter dégressiv Hëlfen no uewen. Mir sinn net der Meinung, hei solle grouss Superproduktiounen iwwert d'Certificats audiovisuels kommen.

Dir hutt geschwat vun de Kontrollmechanismen. De Problem ass, Dir sot et och, de Fong ass net Produzent, de Fong kuckt de Scénario, mä de Produzent ass een, dee vu bausse kënnt an deen eng gewësse Seriositéit muss hunn. Hei war zum Beispill am Venedegfilm, dat war d'Firma Delux, dat ass eng Duechtergesellschaft vun RTL an dat ass eng Firma, déi scho schrecklech vill zu Lëtzebuerg gemaach huet, och Filmer, déi scho Präisser kritt hunn oder op d'mannst a Selektiounen komm sinn, esou dass een dat huet missen hinuelen wat do ass. Dat huet engem gutt geschéngt.

Elo ass natierlech déi Fro komm, bei der Verlängerung, wou oo eemol gesot ginn ass: Mir hunn iwwerzunn. Fong, méchs du och nach mat? Do stellt sech dann déi nächste Kéier bei engem ähnleche Fall d'Fro, ob mer dann net soen: Neen, Dir kritt no dem initiale Plang a wann Dir lech vercalculéiert hutt, dann ass dat erliwwer.

Zu dem Venedegfilm wëll ech awer nach Folgendes soen, well een e puer aner Sache muss mat dobäi huelen. Éischstens sinn eng ganz Partie Saachen do schief gelaf an d'Firma selwer ass intern géaudit ginn an do ass och villes geschitt, well och, ech mengen, d'Mammenhaus RTL sech net wëllt soe loosse, dass do net ëmmer alles riicht leeft, mä dat kënnt awer heiandsdo vir, dat soll een och dofir net dramatiséieren.

Ech wëll awer nach eng Kéier soen: Deen, deen hei Sue verluer huet, dat ass RTL, well déi hu 70% vun deem Ganze gedroen a bei eis ass et d'Moins-value de recettes, mä bei hinne waren et wierklech Ausgaben, déi à ce stade net ganz an de Sand gestach goufen, well et sinn aner Saachen, wat ee muss bei deem ganzen Dénge positiv kucken, nämlech fir eisen Image de marque huet dat ganz vill bruecht. Déi Kulissen, déi do zu Esch waren, hunn eis en Image de marque bruecht, well mer dat och konnte verkafen als Kompetenz, als Know-how.

Da war ech als Aarbechtsminister extrem frou, well ech en Deal fonnt hat mat deene Leit. Virdrun ass gesot ginn, ech weess net méi wien et gesot huet, déi bréngen hir Techniker all mat. Dat ass richteg, an déi wollten och esou vill Permis de travail vun Techniker vun eis, a mir hunn dat du gekuckt, d'Administration de l'Emploi huet mat Delux dat gekuckt a gesot, wat fir eng sinn et, déi Der wierklech hei net fannt, a fir de Rescht huet Der se hei. Esou dass och hei Leit geholl gi sinn an et goufen eng ganz Partie vun Demandeurs d'emploi, déi haten do praktesch eng Mise au travail, wann ech dat emol esou kann nennen, mä déi hu mer do erageschleist an déi hunn och do eppes geléiert, esou dass dat och eng positiv Retombée war, well ech mengen, dass een och eng Partie Leit kéint dohinner kréien.

Mir hunn oft jonk Leit, déi keen Diplom wëlle maachen, awer zwou rietser Hänn hunn, a just an deem dote Secteur brauch een der net mat decken Diplomer, well e Schräiner wëllt alles aus Holz maachen, an dee muss awer heiandsdo Holz aus Steng maachen, oder e Steen aus Holz maachen. Et fënnt ee bestëmmt Leit mat zwou rietser Hänn, déi ee kënnt an deem Secteur asetzen.

An dann ass et esou, dass op deem Site, esou laang en nach ka

bestoen, an dat huet eppes mat Sécherheet op der Aarbechtsplaz ze dinn, eng ganz Partie vu Produktiounen nach do gemaach ginn. Eleng am Juli/August gëtt während véier Wochen do gedréint. Am September gëtt während véier Woche gedréint. Am Oktober/November fënnel Wochen. Nach bis de Mee 2004 gëtt eng ganz Partie vu Produktiounen do gemaach. Dat geet vum Klengem zum Groussen. Dat geet iwwer Publicitéitsspoten, Filmer. Et geschitt do eppes.

Dat gesot, war dat e Film iwwert dee vill geschwat gouf, a well viru vill driwwer geschwat gouf, gëtt och elo vill driwwer geschwat, dass et e Flop ass, mä deen, dee Suen do bäigeluecht huet, dat war Delux, respektiv d'Mammefirma vun Delux. Vun dem Gesamtbudget vun 30 Milliounen Euro sinn der 17,5 zu Lëtzebuerg ausgi ginn. Och dat muss ee bëuechten. Dat ass net eng Rechtfertigung, an déi Léier, déi mir doraus gezunn hunn, dat ass, dass déi nächste Kéier, wann eng Rallonge gefrot gëtt, mer nee soe vun Ufank un a soen, passt op wéi Der calculéiert, well mir ginn nëmme bis e bestëmmt Plaffong mat, mir kënnen net iwwerzéien, well mir hu Contrainté vis-à-vis vun eise Steierzueler.

Dat iwwert déi dote Geschicht. An deemselwechten Zesummenhank géif ech dann op d'Madame Delvaux kommen, déi hei geschwat huet vu Koproduktiounen a vu Lëtzebuerger Filmer.

Dat, wat Der verlaangt an der Motioun, Madame Delvaux, dat maache mer. Et ass net esou, dass mir nëmme Koproduktiounen unuelen. Ech kommen nach eng Kéier op d'Koproduktiounen zrëck. Mir hu selbstverständlech e Budget fir Lëtzebuerger Filmer. Wann Der scho kommt mat dem Film „Revanche des chômeurs“, wou jo eng gewësse Polemik an der Press war, ass et esou, dass de Filmfong - an ech wëll aganks do soen, dass en en onofhängegt Organ ass, an ech als Minister net do dra schwätze wëll, an dat soll och esou sinn, well wa bis d'Ministeren ufänke sech dran ze mëschen, da geet et net méi - 500.000 Euro un Direkthëllef fir dee Film bereetgestallt huet.

Dat ass deen dëckste Montant, dee fir e Film bis elo bereetgestallt gouf. Dat sinn 20 Milliounen aler Frang. Dat ass net grad en Drëttel vun dem Gesamtkäschtepunkt vun der „Revanche des chômeurs“. Dee Film kann nach eng Kéier op deeselwechte Montant zrëckgräfen iwwer Certificats audiovisuels, esou dass méi wéi d'Halschent vum Käschtepunkt vum zukünftege Film iwwer direkt an indirekt staatlech Hëllef gedeckt ass. De „Club des chômeurs“ hat manner kritt. „La revanche des chômeurs“ kritt méi, gëtt awer och méi deier.

Dat ass e groussen Effort a mer kommen natierlech an d'Diskussion, ob mer sollen iwwer esou Montanten nach erausgoen. Do muss een awer e bësse skeptesch sinn, an do kommen ech op dat zrëck, wat den Här Mosar gesot huet, et muss nach ëmmer e gewëssene Risiko sinn. Hei si ganz grouss Efforte geschitt, an dofir ass et och falsch ze soen, et géif näischt geschéien, well se kee Produzent fonnt hätten. Dat ass falsch. Si kréien en décke Montant, mä iwwer méi wéi d'Halschent erausgoen, fir dann de Film ganz als Stat ze finanzéieren, do wëll ech awer skeptesch sinn, well da musse mer d'Kritäre ganz aneschtens festleeën. Ech mengen, dass à ce stade dat net dee richtege Wee wär.

D'Diskussioun ass natierlech opkomm wéint de Koproduzenten. D'Madame Delvaux huet e richtege Problem opgeworf, dee vun de Minoritaires. Soulaang ee minoritär an enger Produktioun ass, kann ee

manner zum Beispill de Regisseur imposéieren oder d'Acteuren. Dat ass eng Schwieeregkeet. Dofir, an elo kënnt d'Verwiesselung, hu mer Instruktiounen gi fir ze soen, ma jo, kommt mir kucken, ob mer net kënnen den Haaptkoproduzent kréien, fir dann do méi ze hëllefen, Haaptkoproduzent, un deem déi aner da knätschen a soen, dat an dat hätt ech awer nach gäre méi wéi Lëtzebuerg.

Dat hu mer gemaach op Wonsch vun der ULPA, an ech fannen dat och richteg. Dat war e richtegt Uleies, wat d'ULPA hat, wat Der och jo de Mëtting virbruecht hutt. D'ULPA, dat ass d'Vereenegung vun de Filmproduzenten zu Lëtzebuerg, mä dat kann een natierlech nëmme maache fir d'Koproduktion, an et ass e bëssen do wou e Quiproquo komm ass, esou dass ech mengen, dass dat, wat Der verlaangt, mer géife maachen, esou dass fir mech eigentlech déi Motioun net falsch ass, mä si ass sans objet, et sief dann Dir géift esou wäit goe fir ze soen, de Film misst 100% finanzéiert ginn. Do hätt ech manifestement Schwieeregkeeten.

Da wollt ech op de Punkt agoen europäesch Fongen, Netz vu Koproduktiounen. Mir versichen esou vill wéi méiglech aus den europäesche Fongen erauszehuelen, wat interessant ass, well mer vill vun Ausbildung geschwat hunn. Eng Partie Saachen zu Lëtzebuerg lafen iwwert de Lycée technique des Arts et Métiers, och iwwert de CNA, a mir hunn eng europäesch Initiativ zu Lëtzebuerg an der Weiterbildung. Dat ass d'Initiativ „Strategics“. Do stellt sech d'Fro, wéi wäit een nach ka weidergoen. Mir si selbstverständlech, wéi den Här Mosar et gefuerdert huet, bereet fir alles dat auszeschöpfen, wat mer kënnen, an dat maache mer och.

D'Netz vu Koproduktiounen ass vu Koriedner hei ugesprach ginn. Bei engem Deel vu Länner brauche mer keng Koproduktiouns-bilateral Accorden, well déi an deem multilateralen Accord dra sinn. Do, wou mer bilateral Accorde brauchen, dat ass mat verschiddene Länner, wou mer privilegiéiert zesummeschaffen, an dofir si mer hannert Eisträich an hannert Irland fir mat deenen eppes ze maachen. E Land, wat och fir eis interessant wär, dat ass d'Schwäiz. Mir haten déi gefrot, mä d'Schwäiz seet mer, dir braucht iwwerhaapt keen. Leeft alles optimal am Multilateralen. Dat ass richteg esou. Si soe weider, mer wëllen och net mat aneren ee maachen, mir maachen nëmme dat Multilateraalt, esou dass een net e bilateraalt Netz brauch, mä mat deem multilateralen Netz huet ee ganz vill ofgedeckt.

Zum Aarbechtsrecht an den Aarbechtsplazen huet den Här Garcia geschwat. Dee Secteur ass een, wou natierlech engem Aabechtsminister d'Hoer gären zu Bierg stinn, wat dësem Aarbechtsminister awer net ka geschéien.

**(Hilarité)**

Dofir ass et jo gutt, dass ech Aarbechtsminister sinn.

Dass mer an deem neie Projet iwwert den Intermittent du spectacle eng Ouverture maache fir Contrats à durée déterminée, huet eppes domat ze dinn, dass ech léiwer hu mir maache Contrats à durée déterminée wéi mir hu «faux indépendants», well an deem Secteur do gëtt et jett «faux indépendants». Dat ass eppes, wat mech extrem stéiert. Dat ass och net ëmmer einfach an deem Secteur erausfannen, well do gëtt et och vill echt Indépendanten. Et ass ons eng Kéier virkomm bei enger Firma, wou ënner villen eng Botzfra war a mir eis gesot hunn, déi wäert jo awer e CDI hunn, awer neen, déi war Indépendant.

De Problem ass net déi Klausel, dass ee kann op dräi Joer goen, Madame Delvaux, dat ass net fir mech de springende Punkt. Ech si

bereet mat lech dat nach eng Kéier ze diskutéieren, mä et ass eng aner Klausel am Gesetz, déi fir mech méi wichteg ass, an zwar d'Verlängerung vun de CDDen. Just an deem dote Secteur huet een, wéi Dir et richteg sot, oft Opträg vun dräi, sechs, néng Méint, an dertëschent eng Paus, emol manner, emol méi grouss.

D'Leit kréien haut éischter e faux Indépendantekontakt wéi e Contrat à durée déterminée, an dat aus deem ganz einfache Grond, dass wa se der dräi hannereneen hu mat enger klenger Paus, dann ass et rechtlech gesinn e Contrat à durée indéterminée. Dat wëllen a kënnen déi Firmen net maachen. Dofir ass fir mech dee wichtigsten Artikel, deen awer och heftegst diskutéiert gëtt, zu deem ech als Aarbechtsminister awer stinn, deen, fir ze soen, et kann een an deem dote Secteur Contrats à durée déterminée no Contrats à durée déterminée maachen, well ech méi frou sinn, dass déi Leit emol e Salariatskontrakt hunn a si si gemellt bei der Sécurité sociale a beim Unfall, wéi mir sinn do an esou Zones d'ombre. Ech wëll net soen, et ass wéi d'Horesca, mä et ass och e Secteur, wou et schwieereg ass einfach ze soen, elo ass «droit commun».

An deem Secteur gëtt gedréint zu onméiglechen Zäiten, an ech wär frou, an dat wier mäi gréisste Wonsch, wa mer eng Kéier géifen e Gesamtgesetz maachen iwwert d'Aarbechtsbedingungen an deem Secteur, wou ee muss Exceptiounen maachen zu bestehende Gesetzer. Dat heiten ass fir mech en éischte Schrëtt dohin. An deem Sënn hunn ech och ëmmer versicht Kontakt ze kréie mat deene verschiddenen Associatiounen. Ech hunn d'ULPA genannt. Et gëtt ATAC an et gëtt nach eng drëtt Associatioun, déi professionell Interesse verteidegt.

Dat zum Aarbechtsrecht. Da waren e puer Iddiën vum Här Mosar. Den Här Greisen hat dat gesot vun de Chantieren.

Et ass net esou, dass eng auslännesch Firma sech net bräicht u Gesetzer ze halen, wou eng Lëtzebuerger Firma sech muss drun halen. Au contraire, wann Der elo e bëssen d'Zeitunge gelies hutt, hutt Der gemierkt, dass nom Détachementsgesetz, wat a Kraaft ass, d'ITM ganz äerdeg ass, fir just déi auslännesch Gesellschaften ze quëtschen an et kann een net soen, wann ee géif an dem audiovisuelle Secteur schaffen, bräicht ee sech net u Gesetzer ze halen. Och do muss ee sech u Gesetzer halen.

Da kommen ech zum Schluss, déi Iddi, déi den Här Mosar lancéiert hat, d'Gestioun vun den Autorechter, fir do eppes ze maachen. Et ass eng Iddi wou mer schonn e puermol och driwwer diskutéiert hunn, an ech mengen et ass och eppes wou mer solle wierklech weiderfueren. Ech weess net wou mer erauskommen, mä et ass eppes wat wierklech kéint fir d'Land eng interessant Nisch sinn.

E Wuert awer zu deem wat gesot ginn ass iwwer AOL an Amazon. AOL an Amazon sinn haaptsächlech, awer net nëmme, wéinst der TVA komm, well et gi Plazen an Europa wou d'TVA méi niddreg ass wéi zu Lëtzebuerg. Et huet och fir Amazon an AOL matgespillt, dass mer aner Avantagen hunn. Wéi zum Beispill d'Main-d'oeuvre, wéi zum Beispill eng SES, déi hei ass, wéi zum Beispill iwwerhaapt all Datenautobunnen, esou dass een - dat ass och fir Lëtzebuerg an Zukunft wichteg - eleng mat Steieravantages net schaffe soll, well do ginn et der ëmmer, déi nach kënnen méi bëlleeg sinn. Mir musse mat anere Kompetenze schaffen a mir sollen dat maachen, wat de Premier eigentlech genannt huet „an Niches de compétence goen“, manner wéi an „Niches de souveraineté“ goen.

Ja, Madame Delvaux?



(Interruption)

Ah, Luximage. Pardon, elo hat ech awer eppes vergiess.

Also, Luximage ass eppes wat ef-fektiv am Kader kéint lafe vun der Initiativ «i2i» wéi dat heescht - dat däerf een net «i two i» nennen, dat heescht «ei two ei» -, dat huet d'Madame Reding zesumme mam Philippe Maystadt lancéiert a mir hunn als Lëtzebuerg dat direkt ënnerstëtzt, an d'Madame Reding sot och si wier ganz interesséiert, wa mer zu Lëtzebuerg kéinten esou e Fong maachen. Wat se och dozou bewogen huet fir mam Philippe Maystadt hei a mat mir zesummen eng Réunioun ze maachen, wou mer d'Banken an d'ULPA geruff hunn.

De Problem, deen hei ass, dat ass deen üblechen: Bezilt de Stat alles oder näischt? Mir hunn zu Lëtzebuerg, an dat ass een Nodeel vu Lëtzebuerg insgesamt, op der Bankeplaz kee Wëllen, an an dësen Zäite wahrscheinlech nach manner wéi virdrun, fir hei e Risiko ze huelen. Dat heescht, dat misst zum Drëttel fonctionnéieren an d'Banken hätte gär hiren Asaz total ofgeséchercht vum Stat. An dat kann et net sinn, dass deen heite Stat dat alles bezilt, da si mer an där falscher Hypothees.

Ech sinn awer gäre bereet déi Diskussioun nach eng Kéier opzehuelen, well ech hu mer selwer d'Méi gemaach fir se ze kréien. Mä, an dat hu mer och beim Capital à risque, obwuel mer beim Capital à risque jo déiselwecht Législatioun hu wéi hei bei de Certificats audiovisuels, Lëtzebuerg ass e Land, wou et ganz schwiereng ass Capital à risque ze fannen. Et fënt een es, mä et ass ganz schwiereng ze fannen, an hei hu mer Banke fonnt, déi investéiere ganz vill vun hire Suen an Amerika an d'Filmproduktiounen, mä fir do op Lëtzebuerg wierklech en Hoff ze kréien, esou wäit si mer leider nach net, an dat ass dat wuerfir dee Projet Luximage bis elo nach net duerchkomm ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt ech näischt vergiess hunn. Anerefalls huet mech mat den Oueren an ech äntwerten lech drop.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Discussion générale ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lec-

ture vum Article unique vum Projet de loi 4818 a stëmmen driwwer of.

Den Text vum Gesetzesprojet fannt Der am Document parlementaire 4818<sup>2</sup>.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert dee virleiende Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4818 ass eestëm-meg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Marie-Josée Frank);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da maache mer elo d'Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5025.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo och iwwert dee Projet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5025 ass eestëm-meg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Marie-Josée Frank);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Marc Zanussi), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

**Motion 1**

An dann hu mer nach eng Motioun, déi d'Madame Mady Delvaux age-recht huet. Ech menge jiddferen huet den Text virleien. Ass e Vote électronique verlaangt? Oder maache mer e Vote par main levée?

**(Assentiment)**

Et ass also par main levée.

**Vote**

Wien derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Jo, et ass e ganz klore Vote. D'Motioun ass mehrheetlech verworf.

Domadder hätte mer eisen Ordre du jour esou wäit erledegt an elo kënnt nach den Ordre du jour fir den 8., 9. an 10. Juli.

D'Präsidentekonferenz, an hirer Sitzung vu gëschter, huet folgenden Ordre du jour virgeschloen.

En Dënschden den 8. Juli um dräi Auer hu mer

- eng Froestonn un d'Regierung;
- d'Question avec débat 32 vum Här Laurent Mosar;
- de Projet de loi 5102, e Gebai vum Centre de recherche Henri Tudor;
- de Projet de loi 4954 iwwert d'Repressioun vun der Finanzéierung vum Terrorismus;
- de Projet de loi 5018 iwwert d'Verwaltung vum Enregistrement;
- de Projet de loi 5022, e Steuerof-kommes tëschent Lëtzebuerg an Trinidad;

7. de Projet de loi 5043 iwwer eng Kapitalerhéijung vun der Banque européenne d'Investissement.

E Mëttwoch um halwer dräi hu mer

1. d'Projets de loi 5136 bis 5142, d'Bäitrëtsvertråg vun deenen neien NATO-Länner;

2. de Projet de loi 4929 iwwert d'Finanzéierung vun de Kläranlagen.

En Donneschden, och um halwer dräi, hu mer

1. de Projet de loi 4836, eng Konventioun iwwert den internationale Flugtransport;

2. de Projet de loi 4874, en Zousazprotokoll iwwert d'Sécherheet vun der ziviler Aviatioun;

3. de Projet de loi 4941 iwwert den TGV-Est.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Domadder, Kolleeginnen a Kolleegen, wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass d'nächst Woch a fänkt um dräi Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.30 heures)**

Sommaire des séances publiques

Dépôt d'une proposition de loi page 785

Interpellation de M. Jeannot Krecké sur la politique du Gouvernement concernant les services publics pages 785-803

4944 - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé à Paris, le 3 avril 2001 pages 803-805

5064 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires pages 805-807

4970 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la conservation des oiseaux d'eau migrateurs d'Afrique-Eurasie, fait à La Haye, le 15 août 1996 pages 807-808

4721 - Projet de loi

- portant approbation de la Convention de La Haye du 1<sup>er</sup> juillet 1985 relative à la loi applicable au trust et à sa reconnaissance;

- portant nouvelle réglementation des contrats fiduciaires, et

- modifiant la loi du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers pages 808-810

4919 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice

2) de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat pages 810-812

Communications page 813

5082 - Projet de loi complétant la loi du 25 juillet 2002 concernant le remplacement des instituteurs de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire pages 813-816

4818 - Projet de loi portant approbation de l'Accord cinématographique entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Française et des Annexes 1 à 5, signés à Cannes, le 18 mai 2001;

5025 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne, signé à Berlin, le 14 juin 2002

et

Présentation d'un bilan sur l'industrie cinématographique luxembourgeoise par M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications pages 816-823



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un